Fréijoer/Printemps 2025
N°2

KANTON RÉIDEN

# DE KANTON RÉIDEN
## Magazine




**MARIE SCHREIBER**
Interview
*Entretien*

**SERVICE LOGEMENT**
Partenariat mat der AIS
*Partenariat avec l'AIS*

**ARDENNENOFFENSIV**
80-Joer Gedenkfeieren
*Commémorations 80 ans*



© Fotoarchiv Parc Naturel de la Vallée de l'Attert









© Braam van Wyk



© Serge Waldbillig



© 385th Bomb Group Memorial Musée

# INHALT - SOMMAIRE


**04**
**Virwuert**
*Préface*






**06**
**Aktuelles aus de Gemengen an aus dem Kanton**
*Actualités des communes et du canton*

**27**
**Kanner & Jugend**
*Enfance & Jeunesse*

**36**
**Ëmwelt**
*Environnement*

**46**
**Mobilitéit**
*Mobilité*

**48**
**Lokal Ekonomie**
*Economie locale*

**54**
**Fräizäit & Tourismus**
*Loisirs & Tourisme*







**60**
**Sport**

**66**
**Patrimoine & Geschicht**
*Patrimoine & Histoire*







**73**
**Kultur**
*Culture*



**82**
**Agenda**

**84**
**Spiller**
*Jeux*


**Impressum**

**Editeur, concept & réalisation :**
brain&more -
agence en communication

**Rédaction :**
Syndicat Kanton Réiden & partenaires

**Photo de couverture :**
Tristan Schmurr

**Renseignements :**
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

**Prochaine parution :**
Juin 2025

**Clôture :**
20.04.2025

**Tirage :**
9.000

**Impression :**
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg

**Régie publicitaire**
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 – 1
brain@brain.lu

# VIRWUERT


© Kanton Réiden

Léif Lieserinnen, léif Lieser,

Dëst Joer gëtt eise Syndikat Kanton Réiden 35 Joer al – en Alter, op deen eis 9 Gemengen houfreg däerfe sinn!

Wéi huet alles ugefaangen? 1990 gouf et virun allem een Zil: Aarbechtsplazen am Kanton schafen. Haut, 35 Joer méi spéit, si mir wäit iwwer dëst Zil erausgewuess: Zesummen hu mir eng dynamesch Struktur geschaf, déi an de verschiddenste Beräicher aktiv ass, fir d'Offer am ländleche Raum ze verbesseren. A fir Iech nach méi an dës Entwécklung mat anzebannen, ass dëse Magazine entstanen.

D'Wanterméint stoungen am Zeeche vum 80. Anniversaire vun der Ardennenoffensiv. E puer vun eise Gemengen hu mat beweegenden Zeremonien un dës schwéier Zäit erënnert an den amerikanesche Befreier hir Éier erwisen.

Mir kucken awer net nëmmen zréck - mee och no vir! Mat eiser Zukunftsvisioun versiche mir, eise Kanton fit fir d'Erausfuerderunge vun de kommende Joerzéngt ze maachen an d'Liewensqualitéit am „Wëlle Westen" weider ze stäerken.

Eis Regioun lieft vu senge Mënschen. Mat Freed gesi mir vill engagéiert Matbierger a spannend Initiativen, déi eise Kanton esou besonnesch maachen. Eng grouss Inspiratioun ass och d'Marie Schreiber aus dem Daul, déi rezent Vize-Weltmeeschterin (U23) am Cyclocross gouf an eis mat hirem staarke Wëllen an eisem Interview beandrockt huet.

Zum Schluss wënschen ech eisem Syndikat fir säi Gebuertsdag vill Erfolleg, een zolitten Zesummenhalt a Freed, zesummen un enger liewenswäerter Zukunft fir all eis Awunner ze schaffen!

Vill Freed beim Entdecke vun dëser Fréijors-Editioun!

Thierry Lagoda
President vum Syndikat Kanton Réiden




# PRÉFACE

*Chères lectrices, chers lecteurs,*

*Cette année, notre Syndicat du canton de Redange aura 35 ans – un anniversaire dont nos 9 communes peuvent être fières!*

*Comment tout a commencé ? En 1990, l'objectif principal était clair : créer des emplois dans le canton. Aujourd'hui, 35 ans plus tard, nous avons largement dépassé cet objectif. Ensemble, nous avons construit une structure dynamique, active dans des domaines variés, visant à améliorer l'offre dans nos communes rurales. C'est dans cette volonté de vous impliquer davantage dans cette évolution que ce magazine a vu le jour.*

*Les mois d'hiver ont été marqués par le 80e anniversaire de la Bataille des Ardennes. Certaines de nos communes ont organisé des cérémonies émouvantes, rendant hommage à cette période difficile et honorant les libérateurs américains.*

*Mais nous ne regardons pas seulement vers le passé – nous avançons aussi résolument vers l'avenir ! Grâce à notre vision territoriale pour le futur, nous œuvrons à rendre notre canton prêt à relever les défis des prochaines décennies et à renforcer la qualité de vie dans notre « Wëlle Westen ».*

*Notre région se nourrit de l'engagement de ses habitants. Chaque jour, nous avons le privilège de découvrir des personnes investies et des initiatives inspirantes, véritables moteurs de notre dynamisme local. Parmi elles, Marie Schreiber, habitante du Préizerdaul, récemment sacrée vice-championne du monde de cyclo-cross (U23), est une source d'inspiration remarquable. Sa détermination et sa passion nous ont profondément impressionnés lors de notre entretien avec elle.*

*Pour conclure, je souhaite à notre syndicat, pour son anniversaire, beaucoup de succès, un esprit de solidarité fort, et surtout, la joie de continuer à construire ensemble un avenir durable et épanouissant pour tous nos habitants !*

*Bonne lecture et belles découvertes !*

*Thierry Lagoda*
*Président du Syndicat Kanton Réiden*

# E KANNERCOMITÉ AN DER MAISON RELAIS VUM PRÉIZERDAUL



An der Maison Relais gouf am November de Kannercomité agefouert. Den Initiateur vun dësem Projet ass de Patrick Antony, Chargé de Direction an der Préizerdauler Maison Relais. An dësem Interview verréit hien eis e bëssi méi iwwer dëse Kannercomité.

**Wat huet Iech dozou beweegt e Kannercomité an Ärer Maison Relais anzeféieren?**
Eis als Ekipp ass et wichtig, dass d'Kanner aktiv an den Alldag vun eisem Haus mat agebonne ginn. Si solle matbestëmme, wéi si hir Zäit an eiser Maison Relais verbréngen.

Natierlich suerge mir fir e gewëssene Kader, mee d'Iddien an d'Bedierfnesser vun de Kanner solle mat afléissen. Dacks kënnen d'Kanner hir Wënsch net kloer ausdrécken, oder si sinn net direkt fir eis erkennbar. Dofir ass et essenziell, hinnen eng Stëmm ze ginn.

**Wéi ass de Kannercomité an d'Rulle komm?**
Am Oktober hu mer de Kanner dëse Projet virgestallt. Déi Kanner, déi sech ugesprach gefillt hunn, konnten sech fir eng éischt grouss Versammlung umellen. Hei hu mir d'Ziler an den Zweck vum Comité erkläert.

Déi Kanner, déi sech dono nach ëmmer engagéiere wollten, hunn e Walplakat erstallt, fir sech deenen anere Kanner virzestellen. Vum 6. bis 12. November konnten all d'Kanner wiele goen – mat Walkabinnen a Walurn, wéi bei richtege Walen.

**Hat Dir vill Kandidaten, a wéi oft trëfft sech de Kannercomité säitdeem?**
19 Kandidaten hate sech fir déi 12 Sëtz opgesat. De Comité steet elo fest an trëfft sech am Ufank all 2 Woche fir zesummen de Kader ze definéieren. Duerno gëtt jee no Besoin e Comité aberuff, zum Beispill wann et nei Projeten oder eng Demande vun de Kanner ginn.




Eng Walkabinn däerf bei demokratesche Walen natierlech net feelen.
*Un isoloir ne peut bien sûr pas manquer lors d'élections démocratiques.*

**Sinn all Altersgruppe vertrueden?**
Am Comité ass de Cycle 2-4 vertrueden, mee natierlich probéiere mir och de Cycle 1 iwwert vereinfacht Ëmfroen oder méi spillerisch Aktivitéite mat anzebannen.

**Ginn et schon éischt konkret Ëmsetzungen?**
Obwuel mir réischt am November ugefaangen hunn, goufe schonn éischt Entscheedungen ëmgesat. Sou gouf z. B. decidéiert, nieft Waasser och kalen Téi am Restaurant unzebidden. Doriwwer eraus gouf sech och op eng Associatioun gëeenegt, déi een Deel vum Erléis vun eisem Wantermaart iwwerreecht wäert kréien.

**Wéi reagéieren Deng Aarbechtskolleegen op dës demokratisch Matbestëmmung vun de Kanner?**
Déi ganz Ekipp vun der Maison Relais steet voll a ganz hannert dem Kannercomité. Dëse Projet gouf zesummen ausgeschafft a jiddereen dréit säin Deel zum Erfolleg bäi. Participatioun a Matbestëmmung vun de Kanner si fest am Bildungsrahmenplang verankert an domat och e wichtegen Deel vun eisem Konzept.

Maison Relais Préizerdaul
4, rue de la Mairie L-8606
Bettborn



© Maison Relais Préizerdaul

D'Walplakater vun de Kandidate fir de Kannercomité vun der Maison Relais Préizerdaul.

*Les affiches électorales des candidats pour le comité des enfants de la Maison Relais Préizerdaul.*



© Maison Relais Préizerdaul

Alles gëtt genee esou gemaach wéi bei de richtege Walen – hei d'Preparatioun vun de Walziedelen.

*Tout est réalisé exactement comme lors de véritables élections – ici, la préparation des bulletins de vote.*

# UN COMITÉ DES ENFANTS À LA MAISON RELAIS DU PRÉIZERDAUL

*En novembre, un comité des enfants a été créé à la Maison Relais. L'initiateur de ce projet est Patrick Antony, Chargé de Direction de la Maison Relais du Préizerdaul. Dans cette interview, il nous en dit davantage sur ce comité.*

***Qu'est-ce qui vous a motivé à instaurer un comité des enfants à votre Maison Relais ?***

*Pour notre équipe, il est important que les enfants participent activement à la vie quotidienne de notre maison. Ils doivent pouvoir influencer la manière dont ils passent leur temps à la Maison Relais.*

*Bien sûr, nous définissons un cadre, mais les idées et les besoins des enfants doivent être pris en compte. Souvent, ils ne parviennent pas à exprimer clairement leurs souhaits, ou ceux-ci ne sont pas immédiatement visibles pour nous. C'est pourquoi il est essentiel de leur donner une voix.*

***Comment le comité des enfants a-t-il été mis en place ?***

*En octobre, nous avons présenté ce projet aux enfants. Ceux qui étaient intéressés pouvaient s'inscrire à une première grande réunion, au cours de laquelle nous avons expliqué les objectifs et la raison d'être du comité.*

*Les enfants qui souhaitaient toujours s'engager ont ensuite créé une affiche électorale pour se présenter aux autres. Du 6 au 12 novembre, tous les enfants ont pu voter – avec des isoloirs et des urnes, comme lors de véritables élections.*

***Y a-t-il eu beaucoup de candidats et à quelle fréquence le comité se réunit-il ?***

*Il y avait 19 candidats pour les 12 sièges. Le comité est désormais en place et, pour commencer, nous nous réunissons toutes les deux semaines afin de définir le cadre de travail. Par la suite, des réunions seront organisées en fonction des besoins, notamment pour discuter de nouveaux projets ou des demandes des enfants.*

***Tous les groupes d'âge sont-ils représentés ?***

*Le comité comprend des enfants des cycles 2 à 4, mais nous essayons également d'impliquer le cycle 1 à travers des enquêtes simplifiées ou des activités plus ludiques.*

***Y a-t-il déjà eu des décisions concrètes ?***

*Bien que nous n'ayons commencé qu'en novembre, certaines décisions ont déjà été mises en œuvre. Par exemple, il a été décidé d'offrir du thé froid en plus de l'eau au restaurant. De plus, une association a été choisie pour recevoir une partie des recettes de notre marché d'hiver.*

***Comment vos collègues réagissent-ils à cette implication démocratique des enfants ?***

*Toute l'équipe de la Maison Relais soutient pleinement le comité des enfants. Ce projet a été élaboré ensemble, et chacun y contribue activement. La participation et la prise de décision des enfants sont inscrites dans le cadre éducatif et font donc partie intégrante de notre concept.*

# E MASTERPLANG FIR D'GEMENG ELL

## *UN PLAN DIRECTEUR POUR LA COMMUNE D'ELL*




De Masterplang vun der Gemeng Ell mam Horizont 2035 gouf den 22. Januar de Bierger vun der Gemeng virstallt.

*Le plan directeur de la commune d'Ell, à l'horizon 2035, a été présenté aux citoyens de la commune le 22 janvier.*

No de Gemengewalen 2023 huet de Gemengerot am Plaz vun enger Schäfferotserklärung ee Masterplang fir d'Gemeng Ell ausgeschafft. Dëse gouf de Bierger den 22. Januar presentéiert. De Masterplang mam Titel „Gemeng Ell-Horizont 2035" soll déi grouss Zich vum Invest vun der Gemeng Ell iwwer déi nächst 10 Joer definéieren.

*Après les élections communales de 2023, le conseil communal a élaboré, au lieu d'une déclaration du collège échevinal, un plan directeur pour la commune d'Ell. Ce plan a été présenté aux citoyens le 22 janvier. Intitulé « Commune d'Ell – Horizon 2035 », ce plan directeur vise à définir les grandes lignes des investissements de la commune d'Ell pour les 10 prochaines années.*

---

# D'WANDRAD VUN DER GEMENG BIEKERECH

## *L'ÉOLIENNE DE LA COMMUNE DE BECKERICH*

D'Bauaarbechte fir d'Wandrad, dat op der südwestlech vu Biekerech geleeëner Kopp „Bierg" installéiert gëtt, komme gutt virun: D'Fundament ass betonéiert an den Drainagesystem gouf verluecht. Elo steet den Opbau vum Kran un, duerno gi Komponente vun der Wandmille geliwwert a montéiert. Den éischten Testlaf ass fir August vun dësem Joer geplangt.

*Les travaux de construction de l'éolienne, qui sera installée sur la colline « Bierg » au sud-ouest de Beckerich, avancent bien : les fondations ont été coulées et le système de drainage a été mis en place. La prochaine étape est l'installation de la grue, suivie de la livraison et du montage des composants de l'éolienne. Le premier test est prévu en août de cette année.*




GEMENG BIEKERECH

# EN NEIE SCHOULCAMPUS FIR D'GEMENG PRÉIZERDAUL

## *UN NOUVEAU CAMPUS SCOLAIRE POUR LA COMMUNE DE PRÉIZERDAUL*


© Charles Reiser

D'Gemeng Préizerdaul erweidert hir Grondschoul a schaaft esou e richtege Schoulcampus, dee sech gutt an den historeschen Duerfkär integréiere wäert. D'Aarbechten hu leschte Summer pünktlech ugefaangen a bis elo leeft alles no Plang. Freides, den 29. November 2024, gouf de Grondstee fir dësen neie Schoulcampus geluecht. D'Gemeng huet dofir ënnert anerem all d'Entreprisen invitéiert, déi um Projet bedeelegt sinn, vun der Konzeptioun bis hin zur Ausféierung. No de Riede vum Buergermeeschter Marc Gergen an der Schoulpresidentin Nicole Huber gouf et liicht sportlech an de Spuedestéch ass bei sonnegem Wieder an Ugrëff geholl ginn.

*La commune de Préizerdaul agrandit son école primaire et crée ainsi un véritable campus scolaire qui s'intègrera harmonieusement au centre historique du village. Les travaux ont commencé l'été dernier comme prévu, et jusqu'à présent, tout se déroule conformément au plan. Le vendredi 29 novembre 2024, la première pierre de ce nouveau campus scolaire a été posée. Pour l'occasion, la commune avait invité, entre autres, toutes les entreprises impliquées dans le projet, de sa conception à sa réalisation. Après les discours du bourgmestre Marc Gergen et de la présidente scolaire Nicole Huber, une touche sportive a marqué la cérémonie, et le premier coup de pelle a été donné sous un soleil radieux.*

---

# OCH D'GEMENG BIEKERECH BAUT EN NEIE SCHOULCAMPUS

## *LA COMMUNE DE BECKERICH AURA EGALEMENT UN NOUVEAU CAMPUS SCOLAIRE*


© Gemeng Biekerech

De Bau vum neie Schoulcampus, deen hannert d'Sportshal zu Biekerech kënnt, geet gutt virun a leeft no Plang. D'Aarbechte vum Keller a vun de Bëtons-Trapenhaiser si fäerdeg, sou datt zur Zäit de Montage vun der Holzstruktur vum lénke Fligel vum Gebai am Gaang ass mat de Massivholzmaueren an Holzdallen. Gläichzäiteg ginn am Keller déi technesch Installatiounen, wéi d'Ventilatioun, montéiert. D'Schoulkanner solle viraussichtlech fir d'Rentrée 2026 dat neit Schoulgebai aweien.

*La construction du nouveau campus scolaire, situé derrière la salle de sport de Beckerich, progresse bien et respecte le calendrier établi. Les travaux du sous-sol et des cages d'escaliers en béton sont terminés, permettant actuellement de monter la structure en bois de l'aile gauche du bâtiment avec des murs en bois massif et des dalles en bois. Parallèlement, les installations techniques, comme la ventilation, sont en cours d'installation dans le sous-sol. Les élèves devraient pouvoir inaugurer le nouveau bâtiment scolaire à la rentrée 2026.*

# COMMEMORATIOUNSZEREMONIE AN DER SCHANKEGRIECHT

## *CÉRÉMONIE COMMÉMORATIVE À SCHANKEGRIECHT*

Samschdes, den 21. Dezember 2024, hunn d'Gemenge Groussbus-Wal a Préizerdaul mat enger ergräifender Zeremonie an der Schankegriecht un d'Schluecht op dëser Plaz virun 80 Joer erënnert.

A Präsenz vum amerikanesche Botschafter, engem Vertrieder vun der däitscher Ambassade a ville Vertrieder aus der nationaler a kommunaler Politik huet, ënner villen interessante Rieden och den Erny Kohn, Präsident vum „Cercle d'Études sur la Bataille des Ardennes" (CEBA), d'Geschehnissen, déi wärend der Ardennenoffensiv an der Schankegriecht stattfonnt hunn, genau erkläert.

Den 22. Dezember 1944 sinn dem Generol S. Patton seng Truppen hei op däitsch Zaldote getraff, déi sech laanscht d'Strooss an der Schankegriecht verschanzt haten. Et koum zu intensive Gefechter, bei deenen et vill Doudeger gouf, ier déi däitsch Truppe sech zréckgezunn hunn. Dës Schluecht war entscheedend, well si d'Virdrénge vun den däitschen Truppen no Süden gestoppt huet an esou dem Generol Patton sengen Truppen d'Méiglechkeet ginn huet, weider Richtung Norden virzezéien.

Zwee nei Informatiouns-Panneaue mat historesche Fotoen an Erklärungen zu dëser entscheedender Schluecht goufe bei dëser Geleeënheet devoiléiert.

Méi Info zu dëser Schluecht an der Schankegriecht fannt Dir hei:
*Pour plus d'informations sur cette bataille dans la Schankegriecht, consultez :*

https://zaitrees.lu/fr/pannoen/94 https://zaitrees.lu/fr/pannoen/95




De Marc Gergen (Buergermeeschter Gemeng Préizerdaul), mam Erny Kohn (Präsident Cercle d'Études sur la Bataille des Ardennes) a Paul Engel (Buergermeeschter Gemeng Groussbus-Wal) virun engem vun den nei ageweite Panneauen.

*Marc Gergen (bourgmestre de la commune de Préizerdaul), Erny Kohn (président du Cercle d'Études sur la Bataille des Ardennes) et Paul Engel (bourgmestre de la commune de Grosbous-Wahl) devant l'un des nouveaux panneaux inaugurés sur l'Offensive des Ardennes à Schankegriecht.*

*Le samedi 21 décembre 2024, les communes de Grosbous-Wahl et de Préizerdaul ont commémoré, lors d'une cérémonie émouvante au monument situé dans la Schankegriecht, la bataille qui s'est déroulée en ce lieu il y a 80 ans.*

*En présence de l'ambassadeur des États-Unis, d'un représentant de l'ambassade d'Allemagne et de nombreux représentants du monde politique national et communal, M. Erny Kohn, président du Cercle d'Études sur la Bataille des Ardennes (CEBA), a détaillé les événements qui ont eu lieu à la Schankegriecht pendant l'offensive des Ardennes.*

*Le 22 décembre 1944, les troupes du général S. Patton y ont affronté des soldats allemands qui s'étaient retranchés le long de la route entre Pratz et Grosbous. De violents combats ont éclaté, causant de nombreuses pertes humaines, avant que les troupes allemandes ne battent en retraite. Cette bataille fut décisive, car elle mit fin à l'avancée des troupes allemandes vers le sud et permit aux forces du général Patton de progresser vers le nord.*

*Deux nouveaux panneaux d'information, illustrés de photos historiques et d'explications sur cette bataille décisive, ont été dévoilés à cette occasion.*




Zesumme mam amerikaneschen Ambassadeur (ganz lénks) a mam Vertrieder vun der däitscher Ambassade (ganz riets) gedenken eis national a kommunal Politiker der Schluecht, déi op dëser Plaz viru 80 Joer ënner äisege Konditioune stattfonnt huet.

*Ensemble avec l'ambassadeur américain (tout à gauche) et le représentant de l'ambassade allemande (tout à droite), nos politiciens nationaux et communaux commémorent la bataille qui s'est déroulée à cet endroit il y a 80 ans dans des conditions glaciales.*

GEMENG PRÉIZERDAUL

GROUSSBUS-WAL

# D'SCHOULKANNER VUN DER GEMENG RAMMERICH ERLIEWEN D'BEFREIUNG VIRUN 80 JOER NO

# *LES ÉLÈVES DE LA COMMUNE DE RAMBROUCH REVIVENT LA LIBÉRATION D'IL Y A 80 ANS*

Den 20. Dezember hunn d'Schoulkanner aus dem Cycle 4 vu Kietscht sech e präziist Bild kënne maachen, wéi den 2. Weltkrich hir Gemeng betraff hat. Den Andy King, de Fils vun engem amerikaneschen Zaldot, dee bei der Ardennenoffensiv mat gekämpft huet, war op dësem Dag och mat dobäi (-> Interview mam Andy King Säit 66).

An engem Convoi vun originale Gefierer aus dem Zweete Weltkrich sinn d'Kanner an den Andy King vu Kietscht op Rammerich gefouert ginn. Do hunn si a verschiddenen Ateliere vu Lokalhistoriker dës Episod vun der lëtzebuergescher Geschicht op eng konkret a lieweg Aart a Weis méi no bruecht kritt.

D'Schoulkanner ware sou begeeschtert vun allem, wat si dësen Dag erliewt hunn, an hunn dem Andy King esou ville Froen gestallt, dass si eréischt mat enger grousser Verspéidung zréck an d'Schoul komm sinn.

*Le 20 décembre, les élèves du Cycle 4 de l'école de Koetschette ont pu se faire une idée précise de l'impact de la Seconde Guerre mondiale sur leur commune. Andy King, le fils d'un soldat américain ayant combattu lors de l'Offensive des Ardennes, était également présent ce jour-là (-> Interview avec Andy King page 66).*

*Dans un convoi de véhicules de la Seconde Guerre mondiale, les élèves et Andy King ont été conduits de Koetschette à Rambrouch. Dans différents ateliers animés par des historiens locaux, ils y ont découvert cet épisode de l'histoire luxembourgeoise de manière concrète et vivante.*

*Les élèves étaient tellement fascinés par tout ce qu'ils ont vécu ce jour-là qu'ils ont posé plein de questions à Andy King, à tel point qu'ils sont rentrés à l'école avec un grand retard.*



© Charles Reiser

D'Schüler vum Cycle 4 aus der Gemeng Rammerich hunn duerch e spannende an ofwiesslungsräiche Programm vill iwwer den Zweete Weltkrich an hirer Gemeng geléiert.

*Les élèves du Cycle 4 de la commune de Rambrouch ont appris beaucoup sur la Seconde Guerre mondiale dans leur commune grâce à un programme captivant et varié.*




D'Schoulkanner hunn d'original Gefierer net nëmme vun dobaussen erkläert kritt, mee konnten och selwer matfueren.

*Les écoliers n'ont pas seulement reçu des explications sur les véhicules d'époque depuis l'extérieur, mais ils ont également eu l'occasion de monter à bord et de faire un tour.*

*Ces cérémonies commémoratives soulignent l'importance pour chacun de s'engager chaque jour en faveur d'une coexistence pacifique, du respect et de la tolérance.*
*C'est seulement ainsi que la paix pourra être préservée :*

*« Rien ne vient de soi. Et peu de choses durent. C'est pourquoi – puisez dans vos forces et souvenez-vous que chaque époque exige des réponses spécifiques et que l'on doit être à leur hauteur si l'on veut accomplir le bien. » Willy Brandt*

Dës Gedenkzeremonien ënnersträichen, wéi wichteg et ass, dass jidderee sech all Dag fir e friddlecht Zesummeliewen, Respekt an Toleranz asetzt. Nëmmen esou kann de Fridden erhale bleiwen:

„Nichts kommt von selbst. Und nur wenig ist von Dauer. Darum – besinnt Euch auf Eure Kraft und darauf, dass jede Zeit eigene Antworten will und man auf ihrer Höhe zu sein hat, wenn Gutes bewirkt werden soll." Willy Brandt




Den Andy King, de Fils vun engem amerikanesche Veteran, dee wärend der Ardennenoffensiv bei eis an der Géigend gekämpft huet, hat grouss Freed, op déi vill Froe vun de Schüler anzegoen.

*Andy King, le fils d'un vétéran américain qui a combattu dans notre région lors de l'Offensive des Ardennes, a pris grand plaisir à répondre aux nombreuses questions des élèves.*

Commune de Rambrouch






NOVA FIDUCIAIRE

25, rue Principale

L-8818 GREVELS

621 688 661
621 650 880
621 720 776

info@nova-fid.lu
www.nova-fid.lu

- Privat Steiererklärungen
- Grënnung vu Betriber
- Comptabilitéit
- TVA Deklaratiounen
- Joresofschlëss
- Erstellung vu Zwëschesituatiounen
- Kontakt mat den Administratiounen
- Ufroe vu Subsiden
- Salairen
- Perséinlech Berodung

# DE BUDGET 2025 VUM SYNDIKAT KANTON RÉIDEN

## *LE BUDGET 2025 DU SYNDICAT DU CANTON DE REDANGE*

De Comité vum Syndikat Kanton Réiden huet de 7. November 2024 de Budget 2025 gestëmmt. Am Tableau fannt Dir d'Depenses ordinaires opgedeelt op déi verschidde Servicer. Insgesamt belafe sech déi ordinär Depensen op 7.045.434 €.

*Le comité du Syndicat du canton de Redange a adopté le budget 2025 le 7 novembre 2024. Le tableau présente les dépenses ordinaires réparties entre les différents services. Au total, les dépenses ordinaires s'élèvent à 7.045.434 €.*

| | **2025** |
|---|---|
| Organes politiques | 92.500 € |
| Administration générale | 586.325 € |
| Service technique | 50.551 € |
| Communication | 207.200 € |
| Vision territoriale | 125.000 € |
| Affaires culturelles | 24.000 € |
| GAL Leader | 732.877 € |
| Foyers de jour A Butzen | 2.670.050 € |
| Logement | 275.900 € |
| Pakt vum Zësummeliewen | 278.400 € |
| Développement touristique | 312.410 € |
| Transports publics | 85.000 € |
| Développement économie et Zones d'Activités Economiques | 184.300 € |
| Consultance énergétique | 256.000 € |
| Pacte Climat | 336.271 € |
| Mobilité et pistes cyclables | 40.000 € |
| Service Sports (Sportkreess) | 788.650 € |
| | **7.045.434 €** |


**Wéi ginn dës Depense finanzéiert?**

- 64% ginn iwwer staatlech Subventioune bezuelt (Konventiounen, etc)
- 25% gi vun eisen 9 Membersgemenge bezuelt
- 11% generéiert de Kanton selwer iwwer seng Servicer.

***Comment ces dépenses sont-elles financées ?***

- *64 % sont couverts par des subventions de l'État (conventions, etc.)*
- *25 % sont financés par nos 9 communes membres*
- *11 % sont générés par le canton lui-même grâce à ses services.*

**Recettes ordinaires 2025**




- Participations des communes-membres
- Recettes autogénérées
- Subventions étatiques

| | |
|---|---|
| Recettes autogénérées | 750.740 € |
| Subventions étatiques | 4.480.220 € |
| Participations des communes-membres | 1.790.780 € |
| | **7.021.740 €** |

# EISEN NEIE KOLLEEG SAM LIPPERT STELLT SECH VIR!

## *NOTRE NOUVEAU COLLÈGUE SAM LIPPERT SE PRÉSENTE*

**Zënter dem 1. Januar ass en neit Gesiicht am Team vum Kanton Réiden: de Sam Lippert! Hie bekëmmert sech ab elo ëm alles wat d'Ressources humaines vun eisen 3 Syndikater, also dem Syndikat Kanton Réiden, der Musik-schoul Kanton Réiden an der Réidener Schwämm, ugeet.**

**Sam, kanns Du Dech kuerz virstellen?**
Ech sinn 38 Joer al a sinn zu Esch/Uelzecht am Minett op-gewuess. Zënter 2019 wunnen ech mat menger Partnerin an eiser 6-järeger Duechter zu Näerden.

**Wat ware bis elo Deng berufflech Statiounen?**
Meng éischt grouss Statioun war d'Gemeng Esch, wou ech zéng Joer geschafft hunn. 2021 sinn ech bei d'Arméi gewiesselt an hunn do am Service Budget et Finance geschafft. Elo war et awer un der Zäit fir eng nei Erausfuerderung.




**Ëm wat genau bekëmmers Du Dech bei eis?**
Ech schaffen am Service Ressources humaines, wou ech mech ëm alles këmmeren, wat d'Personalverwaltung ugeet. Fir déi dräi Syndikater schaffe mëttler-weil ronn 120 Mataarbechter, an dofir gëtt et ëmmer eppes ze dinn! Meng Haaptaufgabe sinn d'Gestioun vun de Personaldossieren, d'Berech-nung vun de Paien a Carrièren, d'Formatiounen, a wat soss ronderëm d'Personalverwal-tung ufält.

**Wat mëss Du gären an Denger Fräizäit?**
Ech verbrénge gär Zäit mat menger Famill, liesen a si Benevole a verschiddenen ASBLen. Ausserdeem ginn ech och gär an de Kino, wa mol Zäit bleift.

**Mir freeën eis, de Sam Lippert an eisem Team wëllkomm ze heeschen a wënschen him en exzellente Start a vill Erfolleg a Freed bei senger neier Missioun.**

***Depuis le 1er janvier, un nouveau visage a rejoint l'équipe de notre administration: Sam Lippert ! Il est désormais en charge de tout ce qui concerne les ressources humaines de nos 3 syndicats (Syndicat Kanton Réiden, Ecole de musique du Canton de Redange et Réidener Schwämm).***

***Sam, peux-tu te présenter en quelques mots ?***
*J'ai 38 ans et j'ai grandi à Esch-sur-Alzette, dans le Minett. Depuis 2019, je vis avec ma compagne et notre fille de 6 ans à Noerdange.*

***Quel a été ton parcours professionnel ?***
*J'ai fait ma première expérience pro-fessionnelle à la commune d'Esch, où j'ai travaillé pendant dix ans. En 2021, j'ai rejoint l'armée luxembourgeoise, où j'étais affecté au service Budget et Finances. Aujourd'hui, j'ai envie d'un nouveau défi !*

***De quoi t'occupes-tu exactement chez nous ?***
*Je travaille au service des Ressources Humaines, où je prends en charge toutes les tâches liées à l'adminis-tration du personnel. Actuellement, environ 120 employés travaillent pour les trois syndicats, ce qui signifie qu'il y a toujours du travail !*

*Mes principales missions incluent : gestion des dossiers du personnel, calcul des salaires et des carrières, organisation des formations, vérifica-tion des horaires et tout ce qui touche à l'administration du personnel.*

***Que fais-tu pendant ton temps libre ?***
*J'adore passer du temps en famille, lire, et je suis également bénévole dans plusieurs associations. Et quand j'ai un moment, j'aime aussi aller au cinéma.*

**Nous sommes ravis d'accueillir Sam Lippert dans notre équipe et lui souhaitons un excellent début ainsi que beaucoup de succès et d'épanouissement dans sa nouvelle mission.**

KANTON RÉIDEN
ADMINISTRATION

# WOU ASS EIS VISIOUN DRUN?

## *NOTRE VISION EN EST OÙ ?*


© DATer

**Een interessante Klausur-Dag fir d'Schäfferéit aus dem Kanton Réiden**

**Kontext**
Zënter 2022 schaffen déi 9 Gemenge vum Kanton Réiden zesumme mam Syndikat Kanton Réiden ënnert der Leedung vum Landesplanungsministère un enger gemeinsamer Zukunftsvisioun. No enger detailléierter Bestandsopnam an engem laange Consultatiounsprozess, an deem och eng Bierger-Ëmfro a Bierger-Atelieren organiséiert goufen, ass déi leschte Méint verdéift un der Zukunftsvisioun geschafft ginn.

An dësem Kader waren all d'Schäfferéit vun den 9 Gemengen den 1. Februar an d'Biekerecher Millen op e Klausur-Dag invitéiert. D'Zil war, un der gemeinsamer Visioun fir de Kanton ze feilen an déi wichtegst Handlungsfelder festzeleeën.

**5 Handlungsfelder**
Am Kader vun dësem Prozess goufe 5 Handlungsfelder definéiert. D'Handlungsfeld Gouvernance, dat heescht d'Organisatioun an d'Zesummenaarbecht, spillt eng zentral a sekteuriwwergräifend Roll. Déi aner 4 Handlungsfelder sinn:

**1. Den zouverlässege Kanton**
- Héichwäerteg Servicer fir de Bierger a modern Infrastrukturen am ländleche Raum.
- Réiden als Haaptversuergungsplaz vun der Regioun soll gestäerkt ginn.
- Déi aner Gemenge garantéieren d'Grondversuergung vun hiren Awunner.

**2. De liewenswäerte Kanton**
- Flächespuerend a zukunftsfäheg Regionalentwécklung, déi de ländleche Charakter respektéiert.
- Lieweg Dierfer mat aktiver Biergerbedeelegung an den Entscheedungsprozesser.
- Eng diversifizéiert Offer u Wunnformen, déi sech un d'Bedierfnesser vun de Bierger upasst.

**3. De vernetzte Kanton**
- E Kanton mat kuerze Weeër, intermodal vernetzt a gutt ugebonne mam Bus.
- Sécher an direkt Fouss- a Vëlosverbindungen
- Eng ugepassten Digitaliséierung.

**4. De resiliente Kanton**
- Energieautarkie a Klima-Upassung.
- Schutz vun natierleche Ressourcen, dorënner Waasser, Gréngräim an d'lokal Iessproduktioun.

Et sinn och eng ganz Rei Projete proposéiert ginn, déi hëllefen dës Visioun an d'Realitéit ëmzesetzen.

Mir soen alle Bedeelegten e grousse Merci fir hir Zäit an hir Beiträg, déi an d'Visioun opgeholl goufen.

Als nächst gëtt d'Visioun mat de Gemengeréit aus dem Kanton diskutéiert ier se der Ëffentlechkeet virgestallt gëtt.

## *Une journée de réflexion enrichissante pour les collèges échevinaux du canton de Redange*


© DATer

### *Contexte*

*Depuis 2022, les neuf communes du canton de Redange travaillent ensemble avec le Syndicat Kanton Réiden, sous la direction du ministère de l'Aménagement du territoire, afin de définir une vision d'avenir commune. Après un état des lieux détaillé et un long processus de consultation, comprenant une enquête et des ateliers citoyens, les derniers mois ont été consacrés à l'approfondissement de cette vision stratégique.*

*Dans ce cadre, les collèges échevinaux des neuf communes ont été invités à participer à une journée de réflexion, le 1er février, au Moulin de Beckerich. L'objectif était de travailler sur la vision commune du canton et de définir les principaux axes stratégiques.*

### *Cinq axes stratégiques pour l'avenir*

*Dans le cadre de ce processus, cinq axes d'action ont été définis. L'axe Gouvernance, qui concerne l'organisation et la coopération entre les communes, joue un rôle central et transversal. Les quatre autres axes sont :*

***1. Un canton fiable et performant***

- *Des services de qualité pour les citoyens et des infrastructures modernes adaptées aux zones rurales.*
- *Renforcement du rôle de Redange en tant que pôle de services principal de la région.*
- *Garantir l'approvisionnement de base des habitants dans toutes les communes.*

***2. Un canton où il fait bon vivre***

- *Un développement régional durable et respectueux du caractère rural.*
- *Des villages dynamiques, avec une participation active des citoyens aux processus de décision.*
- *Une offre diversifiée en matière de logements, adaptée aux besoins des habitants.*

***3. Un canton connecté***

- *Un canton aux distances courtes, bien relié par les transports en commun.*
- *Des connexions directes et sécurisées pour les piétons et les cyclistes.*
- *Une digitalisation adaptée pour améliorer la qualité de vie.*

***4. Un canton résilient***

- *Autonomie énergétique et adaptation au climat.*
- *Protection des ressources naturelles, notamment l'eau, les espaces verts et la production alimentaire locale.*

*Pour chaque axe stratégique, des projets concrets ont été proposés afin de mettre en œuvre cette vision.*

*Nous remercions chaleureusement tous les participants pour leur temps et leurs contributions, qui ont été intégrées dans la vision.*

*La prochaine étape consiste à discuter de cette vision avec les conseils communaux du canton avant de la présenter au public.*


© Kanton Réiden

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire

KANTON RÉIDEN

Syndicat Intercommunal du canton
11, Grand Rue
L-8510 Redange

28 33 4-040
Info@kanton-reiden.lu

# DE SERVICE LOGEMENT VUM KANTON GEET AN D'HÄNN VUN DER AGENCE IMMOBILIÈRE SOCIALE



De Gérard Zoller, Responsabel vum politesche Ressort Logement & Gestion locative sociale am Kanton Réiden

*Gérard Zoller, responsable du ressort politique Logement & Gestion Locative Sociale du canton de Redange*



De Gilles Hempel, Direkter vun der nationaler Agence Immobilière Sociale (AIS)

*Gilles Hempel, directeur de l'Agence Immobilière Sociale (AIS) nationale.*

De Service Logement vum Kanton Réiden steet viru grousse Verännerungen. No laangen Iwwerleeunge gouf decidéiert, dëse Service der nationaler Agence Immobilière Sociale (AIS) unzevertrauen.

Mir hunn eis mat dem politesche Responsabel vum Ressort Logement am Kanton Réiden, dem Gérard Zoller, a mam Direkter vun der AIS, dem Gilles Hempel, ënnerhalen.

**Gérard, wat waren d'Haaptgrënn fir eise Service Logement z'externaliséieren?**
Mir hunn eis scho méi laang Gedanke gemaach, wéi mir eise Service Logement nei opstelle kéinten. De Suivi Social vun eise Beneficiairen, deen iwwert eisen Office Social leeft, féiert dacks zu Interessekonflikter a stéisst wéinst der héijer Aarbechtsbelaaschtung u seng Grenzen. Zousätzlech sti Pensiounsafgäng bei eisem Personal un, wat bedeit, datt mir nei Leit fir de Suivi Social, d'Gestioun an d'Handwierksaarbechten astelle missten, fir de Service Logement weider ze garantéieren.

D'AIS bëndelt all néideg Kompetenzen ënnert engem Daach: Sozialaarbechter, Wunncoachen an Handwierker aus verschiddenen Disziplinnen.

**Gérard, firwat ass d'Auswal op d'AIS gefall?**
Mir hunn eng Analyse vun de verschiddenen Acteuren zu Lëtzebuerg gemaach a sinn zum Entschloss komm, datt d'AIS déi meeschten Erfarung an och Mëttelen huet, fir eis an der Gestion Locative Sociale (GLS) no vir ze bréngen. Mat dem qualifizéierte Personal, dat eis bei der AIS zur Verfügung steet, kënne mir de Proprietären eng héichqualitativ Notzung vun hire Wunnenge garantéieren.

**Här Hempel, wat sinn d'Virdeeler vun dësem Wiessel?**
- Fir d'Beneficiairen: All Beneficiaire kritt en neie Kontrakt mat enger initialer Lafzäit vun 3 Joer, deen ëm 2 Joer verlängert ka ginn. Zousätzlech kritt all Stot eng individuell Berodung vum Wunncoach, dee richtegt Hëtzen a Lëften erkläert, fir héich Energiekäschten a Schimmel ze vermeiden. D'Beneficiairen aus eise GLS-Wunnenge kréie Prioritéit, wann an enger zweeter Phas Langzäitwunnengen zur Verfügung stinn.

- Fir d' Proprietären: Als gréissten Akteur am Land mat bal 700 Wunnengen hu mir den néidegen Knowhow an déi néideg Kapazitéit fir eis optimal ëm hir Wunnengen ze këmmeren. Eist Team vu 15 spezialiséierten Techni-

ker deckt all Beräicher vum Bâtiment of. D'Wunnenge si bei eis an de beschten Hänn. Dank eisem grousse Wunnengsbestand kënne mir Locataire séier relogéieren, wann e Proprietäre säin Objet zréck wëll.

- Fir de Syndikat: D'AIS ass e Partner mat laangjäreger Erfarung an der GLS. De ganze Gestiouns- a Betreiungsprozess gëtt vun der AIS iwwerholl, sou datt de Syndikat keng eegen intern Mataarbechter méi dofir muss asetzen.

D'Aktivitéit bleift weiderhin ënner der politescher Leedung vum Syndikat.

**Här Hempel, wéi gesäit d'Zesummenaarbecht vun Ärer Agence mam Kanton aus?**
D'AIS iwwerhëlt déi komplett Gestioun – vun der Prospektioun an der Gestioun vun de Kontrakter iwwer d'Comptabilitéit an der technescher Maintenance bis zur Koordinatioun vun der Sozialaarbecht. Hei schaffe mir intensiv mat de Servicer aus der Regioun zesummen.

**Här Hempel, wéi vill Objeten iwwerhuelt Dir vum Kanton? Sidd Dir weiderhin aktiv op der Sich no Haiser a Wunnengen am Kanton Réiden?**
An enger éischter Phase iwwerhuele mir déi 25 Wunnengen integral mat hire Bewunner. An enger zweeter Phase loune mir nach zousätzlech 15 Wunnengen, déi dann och u Leit aus dem Kanton attribuéiert ginn.

**Här Hempel, wéi lafen d'Prozeduren of?**
**a) Fir Proprietären, déi Wunnengen iwwert lech wëlle verlounen?**
Interesséiert Proprietären kënnen eis per Telefon (26 48 38 52) oder E-Mail (info@ais.lu) kontaktéieren. No engem éischte Gespréich, wou d'Modalitéiten erkläert ginn, fënnt e Rendez-vous op der Plaz statt. Wann d'Konditioune festgeluecht sinn (Präis, Lafzäit, eventuell Renovatiounen), gëtt de Locatiounsvertrag ënnerschriwwen an en État des lieux gemaach.

**b) Fir Beneficiairen, déi op der Sich no enger Wunneng sinn?**
Leit op der Sich no enger Wunneng kënne sech beim Office Social vu Réiden (OSCaRe) oder engem anere soziale Service mellen. Wann si d'Krittären erfëllen, gëtt eng Demande mat hinne gemaach.


© AIS

# LE SERVICE LOGEMENT DU CANTON CONFIÉ À L'AGENCE IMMOBILIÈRE SOCIALE


© Freepik

*Le Service Logement du canton de Redange connaît une importante transformation. Après de longues réflexions, la décision a été prise de confier ce service à l'Agence Immobilière Sociale (AIS), acteur national reconnu dans le domaine.*

*Nous nous sommes entretenus avec Gérard Zoller, responsable politique du logement pour le canton de Redange, ainsi qu'avec Gilles Hempel, directeur de l'AIS, afin d'en savoir plus sur cette transition.*

***Gérard, quelles sont les principales raisons de l'externalisation du Service Logement ?***
*Nous réfléchissons depuis un certain temps à la réorganisation de notre Service Logement. Le suivi social des bénéficiaires, assuré via notre Office Social, engendre souvent des conflits d'intérêts et atteint ses limites en raison de la charge de travail élevée.*

*De plus, avec les départs en retraite prévus, nous aurions dû recruter du personnel supplémentaire pour le suivi social, la gestion et l'entretien technique, afin d'assurer la continuité du service.*

*L'AIS regroupe toutes ces compétences sous un même toit : assistants sociaux, coachs en logement et artisans qualifiés.*

***Gérard, pourquoi avoir choisi l'AIS ?***
*Après une analyse des différents acteurs au Luxembourg, nous avons conclu que l'AIS dispose de l'expérience et des ressources nécessaires pour développer notre Gestion Locative Sociale (GLS).*

*Grâce à son personnel qualifié, nous pouvons garantir aux propriétaires une gestion efficace et une occupation optimale de leurs logements.*

**M. Hempel, quels sont les avantages de ce changement ?**

- *Pour les bénéficiaires : Chaque bénéficiaire signe un nouveau contrat avec une durée initiale de 3 ans, renouvelable pour 2 ans supplémentaires. Un coaching personnalisé est prévu pour sensibiliser les bénéficiaires à l'utilisation correcte du bien, afin de réduire les coûts énergétiques et éviter les problèmes d'humidité. Les bénéficiaires des logements GLS auront une priorité pour accéder aux logements de longue durée dans une deuxième phase.*

- *Pour les propriétaires : L'AIS est le plus grand acteur du secteur, avec près de 700 logements sous gestion. Une équipe de 15 techniciens spécialisés assure l'entretien et la maintenance. Grâce à un grand parc immobilier, l'AIS peut reloger rapidement un locataire si le propriétaire souhaite récupérer son bien.*

- *Pour le Syndicat : L'AIS assure l'intégralité de la gestion administrative et technique, permettant au Syndicat d'économiser des ressources internes. La gestion opérationnelle est confiée à l'AIS, mais le pilotage stratégique reste entre les mains des responsables politiques du Syndicat.*




**M. Hempel, comment se déroule la collaboration entre votre agence et le canton de Redange ?**

*L'AIS assure la gestion complète – de la prospection et la gestion des contrats à la comptabilité, la maintenance technique et la coordination du suivi social. Nous collaborons étroitement avec les services régionaux.*

**M. Hempel, combien de logements reprenez-vous du canton ? Continuez-vous à rechercher de nouveaux biens dans la région ?**

*Dans une première phase, nous reprenons 25 logements, y compris leurs occupants. Dans une deuxième phase, nous prévoyons de louer 15 logements supplémentaires, qui seront prioritairement attribués à des habitants du canton.*

**M. Hempel, quelles sont les démarches à suivre ?**

**a) Pour les propriétaires souhaitant louer leur bien via l'AIS ?**

*Contactez-nous par téléphone (26 48 38 52) ou par e-mail (info@ais.lu). Après un premier entretien dans lequel les modalités de collaboration sont expliquées, un rendez-vous est fixé sur place. Si un accord est trouvé (loyer, durée du contrat, éventuelles rénovations), un bail est signé et un état des lieux est établi.*

**b) Pour les bénéficiaires à la recherche d'un logement ?**

*Les personnes à la recherche d'un logement peuvent s'adresser à l'Office Social de Redange (OSCaRe) ou à un autre service social. Si elles remplissent les critères, une demande est introduite et traitée.*




KANTON RÉIDEN

LOGEMENT

géré par
Agence Immobilière Sociale
Fondation pour l'accès au logement

Agence immobilière sociale (AIS)
202b, rue de Hamm
L-1713 Luxembourg

26 48 39 52
info@ais.lu

jans.lu/redange

JANS

# Appartementer Réiden

ab 1.097.490€

Verkaf vun 2 héichwäertege Wunnengen an der Residence PRETTY GREEN
107m² an 110m²

Adress:
1, Un der Atert
L-8512 Réiden





JANS | 4, rue Tom L-9651 Eschweiler | +352 621 199 851 | info@jans.lu





RINNEN
CARRIERE

MADE IN LUXEMBOURG

- Revêtement mural & marches d’escalier
- Gabions préremplis & blocs de pierre cyclopéens
- Matériaux concassés
- Moellons
- Pavés & Dallage de sol

La carrière de Consthum se trouve à quelques kilomètres de Hosingen. Si vous avez des questions sur nos produits et au sujet d’éventuelles commandes, des experts se tiennent à votre disposition.

**Visitez-nous et vous serez fasciné par les couleurs de ce pur produit « Made in Luxembourg » !**

Du lundi au vendredi de
8h00 à 16h30

Production à Consthum
+352 99 77 71 80

Vente à Binsfeld
+352 99 77 71 57

Millewee | L-9831 CONSTHUM | info@rinnen.lu | **www.rinnen.lu**

# ÄDDI JOSY ARENS

## *ADIEU JOSY ARENS*

Coupe de la Vallée 2011 – E Fussballstournéier tëscht der belscher Gemeng Atert an de Lëtzebuerger Gemengen.

*Un tournoi de football entre la commune belge d'Attert et les communes luxembourgeoises.*






1998 gouf den Accord fir d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemenge Biekerech, Ell, Préizerdaul a Réiden an der Gemeng Attert feierlech ënnerschriwwen.

*En 1998, l'accord de coopération entre les communes de Beckerich, Ell, Préizerdaul et Redange, et la commune d'Attert a été signé solennellement.*



2014, wéi den Avenant vun der grenziwwer-schreidender Conventioun ënnerschriwwe gouf.

*En 2014, lors de la signature de l'avenant à la convention transfrontalière.*



De Josy Arens, laangjärege Buergermeeschter vun der Gemeng Atert, ass den 10. Dezember am Alter vun 72 Joer verstuerwen. No 29 Joer un der Spëtzt vun der belscher Grenzgemeng Atert, ass heen eréischt viru kuerzem seng politesch Pensioun ugetrueden. Leider war him net méi vill Zäit gegënnt an heen ass kuerz drop un de Suitte vun enger Häerzoperatioun gestuerwen. Heen hannerléisst seng Fra an zwou Duechteren.

De Josy Arens kann op eng aussergewéinlech a gutt gefëllte politesch Karriär zréckkucken, souwuel op Gemengen-, Provënz- wéi och op federalem Niveau. Als laangjäregen Député fédéral an Député wallon huet hie sech mat Häerzblutt fir seng Gemeng an d'Province du Luxembourg agesat. Bekannt als „Monsieur Luxembourg" war hien iwwer Joerzéngten eng ganz bekannte Figur, déi ëmmer dat Bescht fir seng Regioun gesicht huet.

Besonnesch um Häerz louchen him den Erhalt vun der Natur an dem ländleche Charakter. Als Grënnungsmember a Präsident vum Parc naturel de la Vallée de l'Attert huet hie weesentlech dozou bäigedroen, dëst Zil a senger Gemeng ze erreechen.

Een anere wichtege Projet, op deen de Josy mat Recht houfreg ka sinn, ass d'Ëmsetzung vun der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Gemenge Biekerech, Ell, Préizerdaul a Réiden. Am Joer 1998 huet hien, zesumme mat de deemolege Buergermeeschtere Camille Gira, Robert Roder, Mil Calmes a Marc Schmit e Kollaboratiounskontrakt ënnerschriwwen, dee bis haut weiderlieft. Dës Partnerschaft gëtt nach ëmmer duerch kulturell Aktivitéiten (Festival Musique dans la Vallée, Balades au clair de lune...), sportlech Eventer (Balade transfrontalière à vélo, Fussball- an Dëschtennis-Turnéier) an Treffe vu politesche Vertrieder geliewt.

De Josy Arens hält eng Ried bei der Ëmbenennung vum Auto-pedestre vun Uewerpallen a „Balade transfrontalière Camille Gira".

*Josy Arens prononce un discours lorsque le sentier auto-pédestre d'Oberpallen fut rebaptisé en « Balade transfrontalière Camille Gira ».*













D'Aweiung vun der Plattform am Marais de Grendel, dee sech d'Gemeng Attert an d'Gemeng Ell deelen.

*L'inauguration de la plateforme dans le Marais de Grendel, partagé entre la commune d'Attert et la commune d'Ell.*

**Ausschnëtt aus der Ried vum Eller Buergmeeschter Heng Rasqué, déi hien um Josy Arens sengem Begriefnis virgedroen huet :**

***Extrait du discours du bourgmestre de la commune d'Ell, Henri Rasqué, prononcé lors des funérailles de Josy Arens :***

« Pour moi, en tant que jeune conseiller communal, puis échevin et maintenant bourgmestre de la commune d'Ell, Josy a toujours été un exemple – tant comme homme politique que comme être humain. Il a mis tout son engagement, son énergie et sa détermination au service de sa commune et de notre région. Josy parlait luxembourgeois, ce qui était une véritable ouverture vers l'ensemble du Grand-Duché et facilitait grandement les discussions. [...]

Tu es et resteras un monument pour la commune d'Attert et ses communes voisines.

Une commune frontalière est différente des autres. Grâce à Josy, j'ai appris qu'il fallait éviter le mot « frontière ». Nous sommes des voisins et des amis. C'est maintenant à nous et à nos successeurs de préserver et de respecter l'héritage politique laissé par Josy.

Merci Josy, fir alles, wat's du fir déi ganz Regioun hei am Atertdall gemaach hues ! ».

*Josy Arens, ancien bourgmestre de longue date de la commune belge d'Attert, nous a quittés le 10 décembre à l'âge de 72 ans. Après 29 années à la tête de cette commune frontalière, il avait récemment pris sa retraite politique. Malheureusement, il n'a pas eu beaucoup de temps pour en profiter, s'éteignant peu de temps à la suite d'une opération cardiaque. Il laisse derrière lui son épouse et ses deux filles.*

*Josy Arens peut se reposer sur une carrière politique exceptionnelle et bien remplie, tant au niveau communal, provincial que fédéral. En tant que Député fédéral et Député wallon pendant de nombreuses années, il s'est investi avec passion pour sa commune et la province de Luxembourg. Connu sous le nom de « Monsieur »uxembourg», il a été pendant des décennies une figure incontournable, toujours engagé à chercher le meilleur pour sa région.*

*La préservation de la nature et du caractère rural lui tenait particulièrement à cœur. En tant que membre fondateur et président du Parc naturel de la Vallée de l'Attert, il a largement contribué à concrétiser cet objectif dans sa commune.*

*Un autre projet dont Josy pouvait être légitimement fier est la mise en place d'une coopération transfrontalière avec les communes luxembourgeoises de Beckerich, Ell, Préizerdaul et Redange. En 1998, il a signé, avec les bourgmestres de l'époque – Camille Gira, Robert Roder, Mil Calmes et Marc Schmit – un accord de collaboration qui perdure encore aujourd'hui. Ce partenariat continue de s'épanouir à travers des activités culturelles (Festival Musique dans la Vallée, Balades au clair de lune...), des événements sportifs (Balade transfrontalière à vélo, tournois de football et de tennis de table) et des rencontres entre représentants politiques.*

## KANTON RÉIDEN VIVRE ENSEMBLE

# KONFERENZ IWWER RASSISMUS AN DISKRIMINATIOUN AM KANTON RÉIDEN



**Ass Rassismus iwwerhaapt e Problem bei eis?**
Vill wäerten dës Fro sécher spontan mat engem iwwerzeegten „Neen" beäntweren. D'Etude, déi de LISER an de CEFIS 2023 zu Lëtzebuerg mat Ënnerstëtzung vum Familljeministère publizéiert hunn, schwätzt awer eng kloer Sprooch:

- 30% vun den Awunner vun eisem Land fäerten Affer vu rassisteschen Tëschefäll ze ginn, wéinst hirer ethnescher Affiliatioun.
- 46% vun den Awunner gleewen datt verschidden ethnesch Gruppen éischter net mat aneren interagéieren.
- 15% soe souguer, datt rassistesch Reaktiounen heiansdo rechtfäerdegt sinn.

**Wéi erkläre sech dës Resultater, wann dach déi meescht Leit spontan géife soen, datt Rassismus hei kee Problem ass?**
Fir ënnert anerem iwwert dës Fro ze diskutéieren, organiséiere mir den 29. Mäerz am Konferenzsall vum ALR zu Réiden am Kader vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewe mat de jeeweilege Comitée vun de Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg eng Konferenz vun zwou Stonnen. All Awunner aus dem Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg ass häerzlech invitéiert, sech fir dës Konferenz anzeschreiwen. Donieft organiséiere mir och e Reflexiounsdag zum Thema fir dat professionellt Personal aus de Primärschoulen a Maisons Relaisen, deen als Weiderbildung unerkannt gëtt.

**Wat erwaarde mir vun dëser Konferenz?**
Rassismus an Diskriminatioun hu selbstverständlech keng Plaz bei eis. Dofir ass et och de Wonsch vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen, deen all d'Gemenge vum Kanton Réiden an d'Gemeng Mäerzeg ënnerschriwwen hunn, en harmonescht Zesummeliewen vun alle Matbierger an eiser Regioun ze schafen.
Dës Konferenz wäert hëllefen onsichtbare Rassismus sichtbar ze maachen. Se soll eng Plattform bidde fir iwwer Rassismus z'informéieren an sech auszetauschen a fir zesummen ze léiere wéi Rassismus erkannt an iwwerwonne ka ginn. Kommt mat, gitt Deel vun der Diskussioun a setzt e staarkt Zeeche géint Diskriminatioun!


© Ally Book Club




**Konferenz iwwer Rassismus an Diskriminatioun**
***Conférence sur le racisme et la discrimination***

**Samschdes, 29. Mäerz 2025**
***Samedi 29 mars 2025***
**10h00-12h00**

Konferenzsall vum Atert Lycée Réiden (ALR)

Umeldung / *Inscription*

KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

Kanton Réiden Service
Vivre-Ensemble
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

+352 28334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu

# UNE CONFÉRENCE SUR LE RACISME ET LA DISCRIMINATION DANS LE CANTON DE REDANGE

***Le racisme est-il réellement un problème chez nous ?***
*Beaucoup répondront probablement spontanément « non » avec conviction. Pourtant, l'étude publiée en 2023 par le LISER et le CEFIS, avec le soutien du Ministère de la Famille, révèle une toute autre réalité :*

- *30 % des habitants du pays craignent d'être victimes d'incidents racistes en raison de leur appartenance ethnique.*
- *46 % pensent que certaines communautés ethniques interagissent peu avec d'autres.*
- *15 % estiment même que les réactions racistes peuvent parfois être justifiées.*

***Comment expliquer ces résultats alors que la plupart des gens affirment que le racisme n'est pas un problème chez nous ?***
*Afin d'aborder cette question et bien d'autres, une conférence de deux heures est organisée le 29 mars dans la salle de conférence de l'ALR à Redange dans le cadre du Pacte pour le vivre-ensemble interculturel. Cet événement est coorganisé avec les comités des communes du canton de Redange et la commune de Mertzig.*

*Tous les habitants du canton de Redange et de Mertzig sont chaleureusement invités à s'inscrire à cette conférence. En parallèle, une journée de réflexion sur le même sujet sera proposée au personnel des écoles primaires et des Maisons Relais, reconnue comme formation continue.*

***Quels sont les objectifs de cette conférence ?***
*Le racisme et la discrimination n'ont, évidemment, pas de place chez nous. C'est pourquoi les communes du canton de Redange et la commune de Mertzig ont toutes signé le Pacte pour le vivre-ensemble interculturel, affirmant ainsi leur volonté de promouvoir une coexistence harmonieuse entre tous les habitants de la région.*

*Cette conférence a pour objectif de rendre visible un racisme parfois invisible. Elle offrira une plateforme d'échange et d'information sur la question du racisme et permettra d'apprendre ensemble à l'identifier et à le combattre. Rejoignez-nous, participez au débat et affirmez votre engagement contre la discrimination !*

# RÉCKBLÉCK OP DE WANTER AM KANTON RÉIDEN
# *RÉTROSPECTIVE SUR L'HIVER DANS LE CANTON DE REDANGE*

Schéckt eis wgl bis den 10.05 Är schéinste Foto vum Fréijor am Kanton Réiden: magazine@kanton-reiden.lu.
Mir freeën eis op Är Fotoen!

*Envoyez-nous svp jusqu'au 10.05 vos plus belles photos du printemps dans le Canton de Redange : magazine@kanton-reiden.lu. Un grand Merci.*



Fanny Bergougnoux, Pratz



Fanny Bergougnoux, Pratz



Pascale Maus, Noerdange



Shari Plei, Colpach-Haut



David Thiltgen, Niederpallen



Thessa Theisen, Commune de Rambrouch



Thessa Theisen, Commune de Rambrouch

## KANTON RÉIDEN SPORTS

# BOCK AUF FITNESS?

**Du willst dich bewegen und gemeinsam mit anderen Jugendlichen in lockerer Atmosphäre Sport treiben? Dann bist du bei KANTON RÉIDEN – Sports genau richtig!**

**Unser Service Sports bietet dir im Atert-Lycée eine Plattform, um dich regelmäßig in einem strukturierten Umfeld sportlich zu betätigen und dabei jede Menge Spaß zu haben.**

### OpenSPORTS

Dich erwartet eine moderne Sporthalle mit vielfältigen Möglichkeiten zur freien Entfaltung. Dir stehen unter anderem folgende Geräte und Bereiche zur Verfügung:

Turngeräte, Trampoline, Tischtennisplatten, Badmintonfelder, Tore, Kletterwand und vieles mehr!

**Wo?**
Sporthalle des Atert-Lycée (ALR)

**Wann?**
Dienstag: 15:30 – 17:00 Uhr
Samstag: 9:00 – 11:00 Uhr

### OpenGYM / ALR A Form

Die Fitnesseinheit speziell für Jugendliche.

Hier kannst du:
- Calisthenics machen
- Eine Einführung an den Krafttrainingsgeräten erhalten
- Eine Fitnesslizenz erwerben
- Einen individuellen Trainingsplan erstellen lassen

**Wo?**
Fitnessraum des Atert-Lycée (ALR)

**Wann?**
Freitag: 12:30 – 14:00 Uhr

KANTON RÉIDEN SPORTS

Sport-Krees Atert

Kanton Réiden
Service Sports
33, Grand Rue
L-8510 Redange/Attert

+352 26 621 705
sports@kanton-reiden.lu
sportkreesatert.lu





ALR A FORM

ALR OPEN SPORTS

**Entdecke auch unser abwechslungsreiches Freizeitsportangebot während der Schulferien!**

@YOUTHSPORTKREES

Instagram:
@youthsportkrees

Anmeldung

YOUTH Card:
nur 15,00 € pro Jahr

## KANTON REIDEN ENFANCE

# DEN NEIE KACH VUN EISEM FOYER DE JOUR A BUTZEN!

**Zënter dem 1. Februar verwinnt de Stefan Jost eis Butzen aus den zwou kantonale Crèchen mat senger Kachkonscht. Mat engem spannende Parcours duerch déi verschiddenste Kichen bréngt hien eng breet Erfarung mat. A wat ass him beim Kache fir d'Butzen besonnesch wichteg? Dat verréit hien eis an dësem Gespréich!**

**Kanns Du Dech w.e.g. kuerz virstellen?**
Ech sinn de Stefan Jost, 46 Joer, wunnen am Préizerdaul, si bestuet a Papp vun 2 Bouwe (5 a 9 Joer). Mäin DAP als Kach hunn ech an der Hotelschoul Ter Duinen an der Belsch ofgeschloss.

**Wat ware bis elo Deng berufflech Statiounen?**
Ech hunn a Restauranten an der Belsch, Däitschland a Lëtzebuerg geschafft. Een Highlight war am Hotel Royal an der Stad ze schaffen, wou ech vum Commis de Cuisine bis zum Chef de Partie all d'Statiounen duerchgaang sinn. Déi lescht 12 Joer hunn ech fir d'Bewunner vum Altersheem zu Réiden gekacht.



**Wat huet Dech bei d'Butze bruecht?**
Meng Kanner waren an dëser Crèche, dofir hunn ech déi sympathesch Equipe vun A Butzen scho kannt. Déi familljefrëndlech Aarbechtszäiten an d'Méiglechkeet mat  Kanner ze kachen, hu mech bei dësem Posten ugezunn.

**Wat ass Dir beim Kache fir d'Butze wichteg?**
Ech schaffen sou vill wéi méiglech mat regionalen a saisonale Produite vu gudder Qualitéit.


**Wéi suergs Du fir eng equilibréiert Ernärung?**
Mat engem variéierte Menu, dee vill Uebst a Geméis, Vollkornproduiten, Lënsen, a Bounen a gesond Fetter enthält. Haaptsaach frësch ouni Zousazstoffer, oder Geschmaachsverstäerker, an ouni ze vill Salz oder Zocker.

**Hues Du Pläng fir d'Kanner an d'Kachen anzebezéien?**
Jo! Kleng Platen zesumme preparéieren, gesond Produiten entdecken an de Kanner weisen, wou d'Liewensmëttel hierkommen. Et mécht Spaass, ze gesinn, wéi si hir Hänn an e Kuchendeeg stiechen oder zécke fir een Ee opzeschloen !

**Wat méchs Du gären an Denger Fräizäit?**
Mountainbike, Wanderen a Schifueren.

**Wat ass Däi Liblingsplat?**
Ech hu kee Liblingplat. Ech entdecke gären Neies an hu gär Ofwiesslung. Ech gi gären e Rezept mat op de Wee: Dos de Cabillaud mat Chorizo-Crumble a Püree vun der Pastinak.

**Mir si ganz frou, dass de Stefan Jost de Wee an d'Crèche A Butzen  fonnt huet a wënschen him nëmmen dat Bescht a vill Freed mat senger neier Aufgab!**



Rezept:
**Dos de Cabillaud mat Chorizo-Crumble a Püree vun der Pastinak**



Et mécht Spaass, ze gesinn, wéi si hir Hänn an e Kuchendeeg stiechen oder zécke fir een Ee opzeschloen !



Bei A Butzen kacht net nëmmen de Kach, mee och déi Kleng gi schon an d'Handwierk agefouert.

*Chez A Butzen, ce n'est pas seulement le chef qui cuisine, mais aussi les plus petits sont initiés à l'art culinaire.*



Fréscht, regionaalt a saisonaalt Geméis an Uebst, dat feelt op kengem Butze-Menu.

*Des légumes et fruits frais, régionaux et de saison, ne manquent jamais au menu de A Butzen.*

## Eise Foyer de jour leet grousse Wäert op eng gesond Ernärung

Eng equilibréiert Ernierung ass fir Kanner essentiel a leet d'Basis fir hir gesond Entwécklung. An den éischten 1000 Deeg, inklusiv Schwangerschaft, gëtt d'Iessverhale gepräägt, dofir si positiv Erfarunge mat Liewensmëttel wichteg. Am Foyer de Jour A Butzen schaafe mir eng entspaanten Iessatmosphär, wou d'Kanner verschidde Liewensmëttel a Goûten entdecke kënnen. Duerch hir Mataarbecht bei der Virbereedung entwéckele si sozial a praktesch Kompetenzen an Interesse fir nei Liewensmëttel. Eis Erzéierinnen, als wichtegt Virbild, begleeden d'Kanner gedëlleg an ouni Drock, fir hir Freed um Iessen an Autonomie ze stäerken – e wichtege Bäitrag fir hir gesond Entwécklung.

KANTON RÉIDEN
ENFANCE

Kanton Réiden Service Enfance

| A Butzen Ell | A Butzen Reichlange |
| --- | --- |
| 2, op der Tonn | 1a, rue MGR Jean Bernard |
| L-8531 Ell | L-8558 Reichlange |
| +352 26 02 45–75 | +352 26 02 45–30 |

abutzen@kanton-reiden.lu
www.abutzen.lu

# LE NOUVEAU CUISINIER DE NOTRE FOYER DE JOUR « A BUTZEN »!

**Depuis le 1er février, Stefan Jost régale nos Butzen des deux crèches cantonales avec ses talents culinaires. Fort d'un parcours varié dans les cuisines les plus diverses, il apporte une expérience précieuse. Mais qu'est-ce qui est particulièrement important pour lui lorsqu'il cuisine pour les enfants ? Il nous en dit plus dans cette interview !**

***Peux-tu te présenter en quelques mots ?***
*Je suis Stefan Jost, 46 ans, j'habite au Préizerdaul, je suis marié et père de deux garçons (5 et 9 ans). J'ai obtenu mon DAP de cuisinier à l'école hôtelière Ter Duinen en Belgique.*

***Quel a été ton parcours professionnel ?***
*J'ai travaillé dans des restaurants en Belgique, en Allemagne et au Luxembourg. Un des moments forts de ma carrière a été mon passage à l'Hôtel Royal à Luxembourg-Ville, où j'ai évolué de commis de cuisine à chef de partie. Ces 12 dernières années, j'ai cuisiné pour les résidents de la maison de retraite de Redange.*

***Qu'est-ce qui t'a amené chez A Butzen ?***
*Mes enfants ont fréquenté cette crèche, ce qui m'a permis de connaître l'équipe sympathique de A Butzen. L'équilibre entre vie familiale et professionnelle, ainsi que la possibilité de cuisiner pour des enfants, m'ont convaincu de rejoindre cette équipe.*

*J'adore voir leur réaction lorsqu'ils hésitent avant de casser un œuf ou qu'ils plongent leurs mains dans une pâte avec enthousiasme !*

***Qu'est-ce qui est essentiel pour toi dans la cuisine des enfants ?***
*Je travaille autant que possible avec des produits régionaux et de saison et privilégie la qualité des ingrédients.*

***Comment veilles-tu à une alimentation équilibrée ?***
*Je propose des menus variés, riches en fruits et légumes, céréales complètes, lentilles, haricots et bons lipides. L'essentiel est de travailler avec des produits frais, sans additifs et exhausteurs de goût, ni des excès de sel ou de sucre.*

***As-tu des idées pour impliquer les enfants dans la cuisine et la nutrition ?***
*Oui ! Préparer de petits plats ensemble, découvrir des aliments sains et montrer aux enfants d'où viennent les ingrédients et comment les utiliser. J'adore voir leur réaction lorsqu'ils hésitent avant de casser un œuf ou qu'ils plongent leurs mains dans une pâte avec enthousiasme !*

***Que fais-tu pendant ton temps libre ?***
*VTT, randonnée et ski*

***Quel est ton plat préféré ?***
*Je n'ai pas de plat préféré, j'aime découvrir la variation et de nouvelles saveurs.*

**Notre foyer de jour accorde une grande importance à une alimentation saine.**

*Une alimentation équilibrée est essentielle pour les enfants et constitue la base de leur développement en bonne santé. Au cours des 1000 premiers jours, y compris la grossesse, les habitudes alimentaires se forment, ce qui rend les expériences positives avec les aliments particulièrement importantes. Au foyer de jour A Butzen, nous créons une atmosphère détendue où les enfants peuvent découvrir une variété d'aliments et de saveurs. En participant à la préparation des repas, ils développent des compétences sociales et pratiques ainsi qu'un intérêt pour de nouveaux aliments. Nos éducatrices, en tant que modèles de référence, accompagnent les enfants avec patience et sans pression, renforçant ainsi leur plaisir de manger et leur autonomie – une contribution essentielle à leur développement sain.*

## ATERT LYCÉE RÉIDEN

# PORTE OUVERTE AM ALR

**De 26. Abrëll 2025 organiséiert den ALR seng järlech Porte ouverte. Den Direkter vum ARL, de Jeff Kohnen, verréit eis e puer méi Detailer.**

**Wat steet um Programm?**
D'Portes ouvertes riichte sech un d'Schüler aus dem Cycle 4 an hir Elteren, fir de Lycée a säi pädagogescht Konzept virzestellen. All Stonn gëtt am Festsall dozou eng Präsentatioun ofgehalen (ofwiesselnd op Lëtzebuergesch an op Franséisch). Parallel dozou fannen a klenge Gruppe Visitten duerch d'Gebai statt. Am Hall si Stänn vun de verschiddene Fächer, Servicer (SePAS, ESEB, Service éducatif, Internat) an der Direktioun, wou d'Schüler an d'Elteren eis hir Froe stelle kënnen. Och d'Internat ka besicht ginn. Natierlech ass och fir dat leiflecht Wuel gesuergt.

**Wat wëllt Dir de potenzielle Schüler an Elteren op dësem Dag vermëttelen, dass si sech fir den ALR entscheeden?**
An éischter Linn wëlle mir eist pädagogescht Konzept mat FOLA-Stonnen, Wocheplang, COACH-Stonnen an engem extensive Stonneplang virstellen. Donieft präsentéiere mir natierlech och eis grouss Parascolaire Offer mat de Mëttesaktivitéiten an den ALR-Talents. D'Schüler an d'Elteren interesséieren sech dann natierlech och fir eis breetgefächert Offre scolaire am Enseignement secondaire classique, am Enseignement secondaire générale an der Voie de préparation.

Op de Visitten duerch de Lycée léiere Schüler an Elteren eis modern Infrastrukture kennen. All Grupp gëtt vun zwee Schüler an engem Enseignant begleet déi wärend der Visite déi néideg Informatioune liwweren.

**Wien hëlleft deen Dag mat?**
Den Dag vun der Portes ouvertes sinn all d'Enseignanten an e Groussdeel vum Personal am Asaz. Si assuréieren d'Präsenz op de ville Stänn am Hall vum Lycée a sinn do fir den Elteren an de Schüler op hir Froen ze äntweren. Gläichzäiteg si vill vun eise Schüler deen Dag am Asaz, entweder als Guide op de Visitten oder op spezifesche Stänn an de Sciences naturelles wou si kleng Experimenter präsentéieren. D'Stänn mam Iessen a Gedrénks gi vum Personal, de Schüler an de Membere vum Elterecomité assuréiert.

**Kommt laanscht!**
Den 26. Abrëll ass vun 9 bis 13 Auer vill lass am ALR – e Besuch lount sech! Méi Infoen op www.alr.lu.


©ALR



©ALR

# JOURNÉE PORTES OUVERTES À L'ALR

**Le 26 avril 2025, l'ALR organise sa journée portes ouvertes annuelle. Le directeur de l'ALR, Jeff Kohnen, nous en dévoile quelques détails.**



***Quel est le programme ?***
*Les portes ouvertes s'adressent aux élèves du Cycle 4 et à leurs parents afin de leur présenter le lycée et son concept pédagogique. Chaque heure, une présentation est donnée dans la salle des fêtes (en alternance en luxembourgeois et en français). Parallèlement, des visites en petits groupes permettent de découvrir les infrastructures du lycée. Dans le hall, des stands sont installés pour présenter les différentes matières, les services (SePAS, ESEB, Service éducatif, Internat) ainsi que la direction, où élèves et parents peuvent poser leurs questions. Il sera également possible de visiter l'internat. Bien entendu, une restauration sera assurée sur place.*

***Pourquoi choisir l'ALR ?***
*Nous souhaitons avant tout présenter notre concept pédagogique basé sur les heures FOLA, le plan hebdomadaire, les heures COACH et un emploi du temps flexible. En parallèle, nous mettons également en avant notre large offre parascolaire avec les activités de midi et le programme ALR-Talents. Les élèves et leurs parents pourront aussi découvrir notre offre scolaire variée, couvrant l'enseignement secondaire classique, l'enseignement secondaire général et la voie de préparation.*

*Lors des visites du lycée, élèves et parents pourront découvrir nos infrastructures modernes. Chaque visite est accompagnée par un enseignant et deux élèves, qui fourniront toutes les explications nécessaires.*

***Qui participe à cette journée ?***
*Tous les enseignants et une grande partie du personnel seront mobilisés pour la journée portes ouvertes. Ils assureront une présence aux différents stands dans le hall et répondront aux questions des élèves et parents. De nombreux élèves seront également impliqués en tant que guides pour les visites ou pour présenter de petites expériences aux stands des sciences naturelles.*



*La restauration sera assurée par le personnel, les élèves et les membres du comité des parents d'élèves.*

***Venez nombreux !***
*Le 26 avril, de 9h à 13h, l'ALR vous ouvre ses portes – une visite en vaut la peine ! Plus d'informations sur www.alr.lu.*

Atert-Lycée Redange
1, rue du Lycée
L-8508 Redange/Attert

+352 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
www.alr.lu

# DE MALADE IMAGINÄR – THEATER VUM FEINSTEN OP LËTZEBUERGESCH!

Den Theatergrupp TheAtert aus dem Atert Lycée Réiden, deen zanter 2019 mat groussem Succès aktiv ass, presentéiert dëst Joer dem Molière säi Klassiker „De Malade imaginär" op Lëtzebuergesch! No eisen erfollegräiche Produktioune vun „Der Besuch der alten Dame", „Die Physiker", „The Mousetrap" an „D'Müller muss fort" invitéiere mir iech nees op en onvergiesslecht Theatererliefnis.


D'Stéck erzielt mat Humor a Satir d'Geschicht vum Argan, engem Mann, deen sech aus Angscht viru Krankheete ganz an d'Hänn vu senge Scharlatan-Doktere begëtt. Seng besuergt Famill a Frënn versichen hie mat Tricks vun dëser Obsessioun ze befreien. Eng zäitlos Komedie iwwert déi mënschlech Schwächten, déi sécherlech fir vill Laache wäert suergen!

**D'Opféierunge fannen den 2. a 3. Mee 2025 um 19 Auer am Festsall vum Atert Lycée statt.**

Dës Produktioun ass Deel vun eiser Talentfërderung ALR Talents fir Schüler a Schülerinne vun der 4e un, déi mat Leidenschaft a Begeeschterung um Projet matwierken. Kommt laanscht a loosst Iech vun eiser jonk-dynamescher Ekipp verzauberen!

Et spille mat: Leonor Alves Rios, Lara Da Silva, Marylène Deltgen, Sophie Fessaguet, Betty Goerens, Sam Gringmuth, Lisa Jans, Liz Jungblut, Liz Lanners, Noémie Less, Nami Loutsch Giannico, Jil Manderscheid, Pascale Mayers, Mara Reuter, Lirina Rigot a Jenny Zeimes.

Regie: Cathy Faltz a Carole Matgen, mat der Ënnerstëtzung vum Alain Adams.





© ALR - Theater

**Tickete kënnt dir reservéieren op theater.alr@gmail.com.**
**Mir freeën eis op äre Besuch!**

## RÉIDENER JUGENDTREFF

# MAACH MAT BEI EISEN AKTIVITÉITEN!



© Kevin Effener

**Am Zentrum vu Réiden läit de Jugendtreff, e liewegt an dynamescht Ëmfeld, wou Jugendlecher aus der Regioun sech treffen, austauschen an nei Saachen entdecke kënnen. De Réidener Jugendtreff entwéckelt sech stänneg weider, fir de Jonken aus dem Kanton e Raum fir Kreativitéit an Entfalung ze bidden.**

**2025 ginn eng Rei artistesch a kulturell Projete lancéiert, déi sech mat aktuellen a wichtegen Theme befaassen.**

### Danzatelier

Ee vun de grousse Projeten dréit sech ëm Danz a Geschlecht. An engem reegelméissegen, wéchentlechen Danzatelier kënne jonk Leit sech mat Froen zu Geschlecht, Stereotyppen a Duerstellung befaassen a sech duerch Danz ausdrécken. De Projet fënnt säin Héichpunkt an enger grousser Ofschlossperformance um Enn vum Joer.

Atelier: all Donneschden, 16:30 – 18:30

### Bitz- an Designatelier

E weidere grousse Projet setzt sech mat der mentaler Gesondheet auserneen – mat Hëllef vun der Konscht, der Couture, dem Design an der Fotografie. Déi Jonk kënnen a kreative Workshops un engem Bitzatelier deelhuelen, wou si hir eege Kleedungsstécker zu dësem Thema entwerfen. De Projet clôturéiert mat enger Modeschau fir d'Ëffentlechkeet mam Zil fir déi mental Gesondheet bei Jonken ze sensibiliséieren. All entworfent Kleedungsstéck erzielt eng Geschicht zu dësem wichtege Sujet.

Atelier: all Freideg, ab 14:00

### Video a Gesellschaftsspill iwwer Ëmweltfroen

Zousätzlech wäerte mir e pedagogesche Projet zur Biodiversitéit an den ekologeschen Erausfuerderungen ugoen. D'Participanten erstelle souwuel e Video wéi och e Gesellschaftsspill mam Numm „La Terre au Carré", fir aner Jonker op eng spilleresch Aart a Weis fir den Ëmweltschutz ze sensibiliséieren. Hei kënne si hiert Wëssen deelen a léieren, wéi si an hirem Alldag zum Schutz vun der Ëmwelt bäidroe kënnen.

### Museksprojet „Le Chemin"

De Museksprojet „Le Chemin" huet 2024 de Jonken d'Méiglechkeet ginn, en eegenen Album a Videoclipen ze produzéieren. Dëse Projet war e spannend Erliefnis an huet de Participanten e kreative Raum fir hiren Ausdrock iwwer d'Musek erméiglecht. Den Album ass iwwer e QR-Code disponibel. De Museksprojet geet 2025 weider an entwéckelt sech jee no den Iddien an den Interesse vun de Jonken.

# PARTICIPEZ À NOS ACTIVITÉS !


© Kevin Eiffener




**Située au centre de Redange, la Maison des Jeunes est un espace dynamique offrant aux ados de la région un lieu d'échange, de découverte et de rencontre. Le Réidener Jugendtreff ne cesse d'innover afin d'offrir aux jeunes du Canton un espace de créativité et d'apprentissage.**

**En 2025, plusieurs projets artistiques et culturels sont lancés, abordant des thèmes actuels et importants.**



### Atelier de danse

*L'un des projets phares est consacré à la danse et au genre. À travers des ateliers chorégraphiques hebdomadaires, les jeunes pourront explorer les questions de genre, de stéréotypes et de représentations, en utilisant la danse comme un moyen d'expression. Le projet culminera par un spectacle réalisé par les participants en fin d'année.*

*Ateliers : tous les jeudis, 16h30-18h30.*

### Atelier de couture de de design

*Un autre projet majeur porte sur la santé mentale, abordée par le biais de l'art, de la couture, du design et de la photographie. Les jeunes participeront à des ateliers créatifs et à un atelier de couture pour concevoir des vêtements sur ce thème. En fin d'année, un défilé de mode sera organisé pour sensibiliser le public aux enjeux de la santé mentale chez les jeunes. Chaque tenue racontera une histoire liée à ce sujet essentiel.*

*Ateliers : tous les vendredis, dès 14h.*



### Création d'une vidéo et d'un jeu de société sur les enjeux environnementaux




*Par ailleurs, un projet éducatif sur la biodiversité et les enjeux environnementaux verra le jour avec la création d'une vidéo et d'un jeu de société interactif, « La Terre au Carré », pour sensibiliser les jeunes de manière ludique. Les jeunes seront invités à partager leurs connaissances et à agir à leur échelle pour préserver l'environnement.*

### Projet musical « Le Chemin »

*Le projet musical « Le Chemin » a permis aux jeunes de produire un album et des clips vidéo. Ce projet a été une aventure passionnante, offrant aux jeunes l'opportunité de s'exprimer à travers la musique. L'album est disponible via un QR code. Le projet musical continuera en 2025, prenant de nouvelles directions selon les souhaits des jeunes.*

Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-rue
L-8510 Redange/Attert

+352 23 62 06 57
martine@mjredange.lu

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT

# KOSTENLOSE ENERGIEBERATUNG FÜR ALLE IM KANTON RÉIDEN

Ein Service Ihrer Gemeinde für Sie!



© Martin Granacher - GUTEX

## Sie fragen sich:

- Wie kann ich am besten sanieren oder bauen?
- Lohnt sich eine Photovoltaikanlage für mich?
- Welche Subsidien kann ich beantragen?

## Wir haben die Antworten! Unser Energieberater unterstützt Sie bei:

- Energieeffizientes Bauen & Sanieren
- Erneuerbare Energien
- Elektromobilität & Ladeinfrastruktur
- Subsidien



**Jetzt Beratungstermin vereinbaren – kostenlos & neutral!**

Kanton Réiden Environnement
+352 28 33 44
environnement@kanton-reiden.lu
www.environnement.kanton-reiden.lu

**Gratis Beratung:**
Zuhause oder in unserem Büro
(43, Grand-Rue Réiden)

## PROFITIEREN SIE VON DEN KOMMUNALEN SUBSIDIEN!

Unsere Gemeinden bieten ihren Bürgern eine Vielfalt an Subsidien, welche vom Service Environnement Kanton Réiden bearbeitet werden:

**Kommunale Subsidien für Energie & nachhaltiges Wohnen**
- Gebäudedämmung
- Energieberatung
- Photovoltaik & Solarthermie
- Wärmepumpen & Holzheizungen
- Regenwassersammelanlagen

**Kommunale Subsidien für neue Haushaltsgeräte samt Reparatur***
- Waschmaschinen* & Trockner*
- Kühlschränke* & Tiefkühler*
- Spülmaschinen*
- Austausch von Heizungspumpen

**Alle Subsidien-Formulare und weitere Informationen: environnement.kanton-reiden.lu**

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT · PacteClimat · klima agence · Gemeng Biekerech · Ell · Groussbus Wal · Préizerdaul · Gemeng Saeul · Gemeng Useldeng · Gemeng Vichten

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT

# CONSEIL ÉNERGÉTIQUE GRATUIT POUR TOUS DANS LE CANTON DE REDANGE

Un service de votre commune pour vous !



© Pixabay

## Vous vous demandez :

- Comment puis-je rénover ou construire de la meilleure façon?
- Une installation photovoltaïque est-elle rentab-le pour moi ?
- Quelles subventions puis-je demander ?

## Nous avons les réponses ! Notre conseiller en énergie vous soutient dans :

- Construction & rénovation énergétique
- Énergies renouvelables
- Mobilité électrique & infrastructures de recharge
- Subventions



**Prenez rendez-vous dès maintenant – gratuit & neutre !**

Kanton Réiden Environnement
+352 28 33 44
environnement@kanton-reiden.lu
www.environnement.kanton-reiden.lu

**Consultation gratuite :**
à votre domicile ou dans notre bureau (43, Grand-Rue Réiden)

# PROFITEZ DES SUBVENTIONS COMMUNALES !

Nos communes offrent à leurs citoyens une large gamme de subventions, gérées par le Service Environnement Kanton Réiden :

**Subventions communales pour l'énergie & l'habitat durable**

- Isolation des bâtiments
- Conseils énergétiques
- Photovoltaïque & solaire thermique
- Pompes à chaleur & chauffages au bois
- Systèmes de récupération des eaux de pluie

**Subventions communales pour les nouveaux appareils électroménagers & leur réparation***

- Machines à laver & sèche-linge*
- Réfrigérateurs & congélateurs*
- Lave-vaisselle*
- Remplacement des pompes de chauffage

**Tous les formulaires de subventions et plus d'informations : environnement.kanton-reiden.lu**



## KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT

# INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN

**Dëst ass de fënneften Interview vun der Serie „Interview mat de Klimaschäffen". Mir maachen den Tour vun de Gemengen am Kanton Réiden an diskutéiere mat hire Klimaschäffen iwwer hir Projeten a Pläng.**



An dëser Editioun hu mir eis mam Mike Bolmer, Klimaschäffen an der Gemeng Rammerich ënnerhalen. Am Mäerz 2023 huet seng Gemeng beim Klimapakt-Audit mat engem Resultat vun 61% d'Selwer Stuf erreecht.

### Mike, firwat bass Du Klimaschäffe ginn?

Nieft mengem Beruff an engem Labo sinn ech och Bauer. Duerch meng Aarbecht an der Landwirtschaft schaffen ech all Dag enk mat der Natur an dem Wieder zesummen. Mir Bauere sinn déi éischt, déi d'Konsequenze vum Klimawandel ze spiere kréien, a grad dofir geet eis dat all eppes un. Och an der Landwirtschaft musse mir eis un d'Wiederextremer upassen. Mat mengem Wëssen an Iddien wëll ech mäin Deel leeschten, fir e klengt Stéck zur Bekämpfung vum Klimawandel bäizedroen.

### Wat sinn déi gréisste Projeten, déi d'Gemeng Rammerich am Klimaschutz-Beräich déi leschte Joren ëmgesat huet?

An de leschte Joren hu mir eng Rei substanziell Schrëtt am Beräich vum Klimaschutz gemaach. Ënnert anerem hu mir eis Kläranlage konsequent moderniséiert, andeems komplett nei Anlage gebaut goufen. Dës verbesseren d'Waasserqualitéit wesentlech, esou datt mir elo eist Ofwaasser vun eise 5000 Awunner propper an eis Baache leede kënnen.

E weidere wichtege Projet ass d'Bësch-Opforstung: all Joer planzt eise Fierschter, de Hermes Serge, zesumme mam Cycle 4.2 vun der Kietschter Schoul nei Beem an eisem Gemengebësch. Dëst déngt net nëmme fir d'Klimaschutzmoossnamen, mee och fir eis Kanner fir d'Wichtegkeet vun eise Bëscher ze sensibiliséieren. Een Drëttel vun eiser Gemeng ass mat Bësch bedeckt.

### Wat sinn Är Pläng fir de Klimaschutz an dëser Legislaturperiod?

Déi grouss Ziler fir de Klimaschutz si vun der Gemeng an enger Charta festgehale ginn. Zu de wichtegsten Ziler zielt d'Ambitioun, bis 2030 d'Hallschent vum Hëtzesverbrauch vun eise Gemengegebaier mat erneierbaren Energien ze decken an 1,5 Mol méi gréng Stroum ze produzéiere wéi um ganze Gemengenterritoire verbraucht gëtt.

Bis 2030 wëlle mir och d'Leeschtung vun de Photovoltaikanlagen an der Gemeng verdräifachen am Verglach zu 2019. Dofir bitt d'Gemeng eng ganz héich Primm fir nei Installatiounen un.

### Wéi steet et mat den erneierbaren Energie bei Iech an der Gemeng?

Mir plangen all Joer nei Photovoltaik-Anlagen op eise Gemengegebaier installéieren ze loossen. Och eis Stroosseluuchte ginn an de nächste Joren all op LED ëmgerüst, fir méi Energieeffizienz z'erreechen.

Eise gréisste Projet an deem Beräich ass aktuell d'Moderniséierung vun der Heizung um Schoulcampus zu Kietscht. Déi aktuell Masuttsheizung gëtt duerch eng Holzheizung ersat.

Ausserdeem ass eis Gemeng mat am Wandpark Kanton Réiden dran. No enger laanger Waardezäit geet d'Bauphase deemnächst endlech un, a mir si ganz zouversiichtlech, dass bis 2026 déi 3 Wandrieder an eiser Gemeng operationell wäerte sinn.

### Ginn et nach interessant Projeten punkto Fouss- oder Vëlosweeër?

Mir stinn an enkem Austausch mat Ponts & Chaussées, déi un der Planung vun de feelenden Deeler vun eisen nationale Vëlospiste schafft. Leider ass et awer esou, dass wann Emprisen (Terrainen) oder Autorisatiounen am Spill sinn, dës Projeten sech kënnen iwwer Joren hinzéien. Trotzdeem bleiwe mir drun, fir déi aktiv Mobilitéit an eiser Gemeng weider ze verbesseren an auszebauen.




D'Bierger vun der Gemeng goufe kierzlech op een Info-Owend zum Thema Energie invitéiert.

*Les citoyens de la commune ont été invités à une séance d'information sur le thème de l'énergie.*




D'Gemeng Rammerich leet grousse Wäert op hir vill Bëscher, déi sech och ideal fir Erhuelungszwecker eegenen.

*La commune de Rambrouch attache une grande importance à ses nombreuses forêts, qui sont également idéales à des fins de loisirs et de détente.*

**Wéi gitt Dir vir fir Är Bierger ze motivéiere bei dësen Efforte matzemaachen?**
An Zesummenaarbecht mam Service Environnement vum Kanton Réiden organiséieren mir Informatiounsowenter fir eis Bierger iwwer finanziell Hëllefen, iwwer Technike fir d'Isolatioun vu Gebaier an iwwer Moossnamen, fir den Energieverbrauch ze reduzéieren.

Zousätzlech hu mir finanziell Ureizer fir eis Bierger geschaf, déi besonnesch attraktiv sinn. Eis Gemeng leet praktesch bei alle staatleche Primmen zousätzlech eng Gemengeprimme drop. D'Detailer zu de Primmen fannt Dir op der Internetsäit vun der Gemeng an Dir kënnt Iech och gratis beim Service Environnement vum Syndikat Kanton Réiden informéieren.

**Wat méchs Du privat fir d'Klima ze schützen?**
Viru méi wéi 15 Joer hunn ech zesumme mat menger Famill en Niddregenergiehaus aus Holz gebaut. D'Haus gëtt mat enger Wärmepompel gehëtzt.

**Verréits Du eis nach zum Schluss, wéi Deng Gemeng 2050 ausgesäit?**
Ech sinn der fester Meenung, dass eis Gemeng bis 2050 an der Energieversuergung komplett onofhängeg soll sinn.

Mäi Wonsch ass et och, dass mir eise Bierger eng ganz héich Liewensqualitéit kënne bidden. Mat eisen ausgedeente Bëscher, déi sech ideal fir Wander- & Vëlostier eegnen, wäerte mir e Raum schafen, wou Natur, Nohaltegkeet a Wuelbefannen Hand an Hand ginn.

# *ENTRETIEN AVEC L'ÉCHEVIN « CLIMAT »*

***Voici le cinquième entretien de la série « Entretiens avec les Échevins Climat ». Nous faisons le tour des communes du canton de Redange et discutons avec leurs échevins climat de leurs projets et plans.***

*Dans cette édition, nous avons rencontré Mike Bolmer, échevin climat de la commune de Rambrouch. En mars 2023, la commune a obtenu la certification Pacte Climat argent avec un résultat de 61%.*

***Mike, pourquoi es-tu devenu échevin du climat ?***
*En plus de mon métier dans un laboratoire, je suis également agriculteur. À travers mon travail dans l'agriculture, je suis chaque jour en contact étroit avec la nature et le climat. Nous, les agriculteurs, sommes les premiers à ressentir les conséquences du changement climatique. Cela nous concerne donc tous directement. Dans le secteur agricole, nous devons nous adapter aux conditions climatiques extrêmes. Avec mes connaissances et mes idées, je souhaite contribuer, à ma manière, à la lutte contre le changement climatique.*

***Quels sont les principaux projets que la commune de Rambrouch a réalisés dans le domaine du climat ces dernières années ?***
*Ces dernières années, nous avons accompli des avancées importantes en matière de protection du climat.*

Notamment, nous avons modernisé nos stations d'épuration en construisant des installations entièrement neuves. Cela a significativement amélioré la qualité de l'eau, permettant désormais de rejeter les eaux usées de nos 5000 habitants traitée et propre dans nos ruisseaux.

Un autre projet important est le reboisement. Chaque année, notre forestier, Serge Hermes, plante de nouveaux arbres dans la forêt communale avec les élèves du Cycle 4.2 de l'école de Koetschette. Cette initiative contribue non seulement aux mesures de protection du climat, mais sensibilise également nos enfants à l'importance des forêts. Un tiers de notre commune est couverte par la forêt.

**Quelles sont vos objectifs en matière de protection du climat au cours de cette législature ?**

Les grands objectifs de la commune pour la protection du climat sont inscrits dans une charte votée par le conseil communal. Parmi les objectifs les plus importants, on peut noter l'ambition d'atteindre en 2030, que 50% de l'énergie de chauffage des bâtiments communaux proviennent de sources renouvelables et de produire 1,5 fois plus d'électricité verte que la consommation totale sur le territoire communal. D'ici à 2030, nous souhaitons également quasiment tripler la puissance de panneaux photovoltaïque installés dans la commune par rapport à 2019. C'est pour cette raison que la commune attribue une prime très importante pour les nouvelles installations.

**Où en êtes-vous avec les énergies renouvelables dans votre commune ?**

Nous prévoyons d'installer chaque année de nouvelles installations photovoltaïques sur nos bâtiments communaux. De plus, nous modernisons progressivement notre éclairage public, qui sera entièrement converti en LED dans les prochaines années, afin d'augmenter l'efficacité énergétique.

Notre projet phare dans ce domaine est actuellement la modernisation du système de chauffage du campus scolaire de Koetschette. La chaudière au mazout sera remplacée par un système de chauffage au bois, offrant une solution plus durable.

Par ailleurs, notre commune participe au parc éolien du canton de Redange. Après une longue période d'attente, les travaux de construction débuteront enfin, et nous sommes convaincus que d'ici 2026, les trois éoliennes de notre commune seront pleinement opérationnelles.

**Avez-vous des projets intéressants concernant les chemins piétons ou les pistes cyclables ?**

Nous travaillons en étroite collaboration avec Ponts & Chaussées, qui planifie les segments manquants de nos pistes cyclables nationales. Cependant, lorsque des acquisitions de terrains ou des autorisations sont nécessaires, ces projets peuvent malheureusement prendre des années. Malgré tout, nous restons déterminés à continuer d'améliorer et d'élargir la mobilité active dans notre commune.




Eng nei Sportshal um Kietschter Schoulcampus ass an der Plangung. Dës gëtt och mat Photovoltaik-Panneauen equipéiert.

*Un nouveau hall sportif est actuellement en phase de planification sur le campus scolaire. Celui-ci sera également équipé de panneaux photovoltaïques.*

**Comment incitez-vous vos citoyens à participer à ces efforts ?**

En collaboration avec le service Environnement du canton de Redange, nous organisons des soirées d'information pour les citoyens sur les primes et aides disponibles, sur les techniques d'isolation des bâtiments et les gestes permettant de diminuer la consommation d'énergie.

Nous avons également mis en place des incitations financières très intéressantes pour nos citoyens. Elles concernent quasiment toutes les primes accordées par l'Etat auxquelles la commune ajoute un montant complémentaire. Le détail des primes est sur le site internet de la commune et expliqué gratuitement par le service Environnement du Syndicat Kanton Réiden.

**Que fais-tu personnellement pour protéger le climat ?**

Il y a plus de 15 ans, j'ai construit avec ma famille une maison basse énergie en bois. Elle est chauffée grâce à une pompe à chaleur, ce qui nous permet de maintenir une grande efficacité énergétique tout en réduisant notre empreinte écologique.

**Pour conclure, comment vois-tu ta commune en 2050 ?**

Je suis convaincu que notre commune doit être complètement indépendante sur le plan énergétique d'ici 2050.

Je souhaite également que nous puissions offrir à nos citoyens une très grande qualité de vie. Avec nos vastes forêts, idéales pour la randonnée et le cyclisme, nous créerons un espace où nature, durabilité et bien-être iront de pair.




D'Ponts et Chaussées plangt vill nei Vëlos-pisten-Verbindungen an der Gemeng Rammerich.

*Les Ponts et Chaussées planifient de nombreuses nouvelles connexions de pistes cyclables dans la commune de Rambrouch.*

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT

PacteClimat – Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange

+352 28334-420
environnement@kanton-reiden.lu

# REPAIR CAFE 2025

## Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN
## Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE

**Samschdes / Samedi 29.03.2025**
**zu / à Useldange**
14h00-17h00 - Centre Culturel
2, Am Millenhaff 8706 Useldange

**Samschdes / Samedi 14.06.2025**
**zu / à Grosbous**
14h00-17h00 - Festsall Groussbus
1 Rue de Bastogne, 9154 Grosbous

Organisateurs: repaircafe.lu & kanton-reiden.lu

**Les autres RDVs de l'année :**
**- 22.11.2025 Ell Centre Culturel**

**Ugebueden Atelieren:**
**Elektresch, Elektronesch, Vëloen, kleng Bitzaarbechten & Schläife vu Gaarden - & Ateliersgeschier**

**Ateliers proposés :**
**Électrique, électronique, vélos, petits travaux de couture simple & affûtage des outils de jardin et d'atelier**

**Jiddereen ass wëllkomm!**
**D'Bedeelegung ass gratis, ouni Umeldung!**

**Tout le monde est le bienvenu !**
**La participation est gratuite, sans inscription !**




KANTON RÉIDEN

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

## KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT

# MIR STELLEN EISE VËLO-REPAIRER VIR!



## *NOUS VOUS PRÉSENTONS NOTRE RÉPARATEUR DE VÉLOS !*

An dëser Editioun stelle mir eise Spezialist fir d'Reparatur vu Vëloe vir: de Bernhard Kern vun Näerden. Hien ass e pensionéierte Maschinenbauingenieur, dee seng lescht beruflech Joren als Seniormanager am Beräich vun de Kontrollsystemer fir Autos-Emissioune geschafft huet. De Bernhard fiert selwer ganz gär Vëlo a kennt sech exzellent mat der Technik vun de Vëloen aus, déi hee gäre mat jidderengem deelt.

**Bernhard, säit wéini bass Du als Repairer am Repair Grupp vum Kanton Réiden aktiv ?**
Ech si vun Ufank u mat dobäi, also scho vun der éischter Infoversammlung. Säitdeem hunn ech kee Repair Café am Kanton verpasst.

**Wéi ass et dozou komm, dass Du Vëloe fléck s ?**
Ech fléck e Vëloe scho säit menger Kandheet. Déi éischte Kéier gouf mir gewisen, wéi een e Schlauch demontéiert a fléckt – an zënterhier huet mech dat net méi lassgelooss.

**Wat sinn d'Problemer, déi's Du am Repair Café fléck s ?**
Typesch Problemer si verstellte Bremsen, déi schläifen, Schaltungen déi sprangen, dréche Schmierplazen, platt Pneuen an Aachtercher.

**Wat mécht Dir am meeschte Freed un der Aarbecht am Repair Café?**
Ech fannen et flott, d'Freed an de Gesiichter vun de Clienten, besonnesch bei de Kanner, ze gesinn, wann hire Vëlo no der Reparatur nees perfekt fiert.

**Ginn et Tipps, déi's Du de Vëlosbesëtzer gäre mat op de Wee gëss fir heefeg Reparaturen ze vermeiden?**
Jo! Vergiesst net, reegelméisseg Loft an d'Pneuen ze pompelen an d'Schaltung an d'Kette gutt ze uelegen – dat kann vill Problemer verhënneren.

**Mir soen dem Bernhard villmools Merci fir säin Asaz! Zéckt net, mat Ärem Vëlo an den nächste Repair Café ze kommen – Samschdes, den 29. Mäerz zu Useldeng am Centre Culturel a maacht Äre Vëlo fit fir déi nei Saison! Mir freeën eis op Äre Besuch (gratis)!**

*Dans cette édition, nous mettons à l'honneur Bernhard Kern de Noerdange, spécialiste en réparation de vélos. Ingénieur en mécanique à la retraite, il a terminé sa carrière en tant que senior manager dans le domaine des systèmes de contrôle des émissions automobiles. Passionné de vélo, il maîtrise leur technique et aime partager son savoir.*

***Depuis quand es-tu actif au Repair Group du canton de Redange ?***
*Depuis le tout début, dès la première réunion d'information. Je n'ai manqué aucun Repair Café depuis.*

***Comment as-tu commencé à réparer des vélos ?***
*Depuis l'enfance ! Dès qu'on m'a montré comment réparer une chambre à air, j'ai accroché, et cette passion ne m'a jamais quitté.*

***Quels sont les problèmes les plus courants au Repair Café ?***
*Freins déréglés, vitesses qui sautent, manque de lubrification, pneus crevés et roues voilées.*

***Qu'apprécies-tu le plus dans ton travail ici ?***
*Voir le sourire des clients, surtout des enfants, quand leur vélo fonctionne à nouveau parfaitement.*

***Un conseil pour éviter les réparations fréquentes ?***
*Oui ! Gonflez régulièrement vos pneus et lubrifiez la transmission et la chaîne pour éviter bien des soucis.*

***Nous remercions chaleureusement Bernhard pour son engagement ! Apportez votre vélo au prochain Repair Café – samedi 29 mars à Useldange, au Centre Culturel – et préparez-le pour la saison !***

# WELTWASSERTAG 2025

## *JOURNÉE DE L'EAU 2025*

**Der 22. März steht, wie jedes Jahr, im Zeichen des Wassers. Seit seiner Einführung im Jahr 1992, macht der internationale Wassertag immer wieder auf die Bedeutung des Wassers als lebenswichtige Ressource aufmerksam und ruft zu einem verantwortungsvollen Umgang damit auf.**

### Am 12. April: Wanderung durch das Wasserbachtal

Das idyllische Wasserbachtal zwischen Kreuzerbuch und Ehner beherbergt neben viel unberührter Natur auch ein Trinkwasserschutzgebiet, das 2/3 der Quellen des Trinkwassersyndikates DEA beherbergt und weite Teile des Landes versorgt.

Gehen Sie mit uns auf Entdeckungsreise und werfen Sie einen Blick ins Innere der Quellfassungen. Auf einer ca. 4 km langen Wanderung erhalten Sie vielfältige Informationen zum Trinkwasserschutzgebiet und der regionalen Trinkwasserversorgung.

***Comme chaque année, le 22 mars est placé sous le signe de l'eau. Depuis son introduction en 1992, la Journée mondiale de l'eau attire l'attention sur l'importance de l'eau en tant que ressource vitale et appelle à une gestion responsable de celle-ci.***

### *Le 12 avril : Randonnée dans la vallée du « Waasserbach »*

*Un peu décalé, mais toujours dans le cadre de la journée de l'eau, nous organisons une excursion dans la vallée du « Waasserbach », le 12 avril. La pittoresque vallée du « Waasserbach » se situe entre Kreuzerbuch et Ehner. Elle abrite non seulement une nature préservée, mais aussi une zone de protection d'eau potable qui comporte 2/3 des sources du syndicat des eaux DEA et alimente une grande partie du pays.*



**Dauer/*Durée* :**
13:30 - 17:30

**Anmeldung/*Inscription* :**
bis zum 10. April unter
*jusqu'au 10 avril sur*
maison.eau@attert.com

**Maximale Teilnehmerzahl/ *Nombre maximum de participants* :** 20

**Treffpunkt/*Rendez-vous* :**
Parking „Waasserbaach" an der N8 zwischen Saeul und Kreuzerbuch

*Parking „Waasserbaach" sur la N8 entre Saeul et Kreuzerbuch*

**Sprache/*Langue* :** *LU*

MAISON DE L'EAU – CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT FLUSSPARTNERSCHAFT – DEA

# ZESUMME FIR EIST WAASSER



Gewässer sind eigenständige Lebensräume und wie Lebewesen brauchen sie die Dynamik von Ausdehnung und Rückzug und formen damit die Landschaft immer wieder neu.

*Un ruisseau est un écosystème à part entière, qui, comme un être vivant, a besoin de mouvement ; entre expansion et retrait, il façonne continuellement le paysage.*

**Gewässerschutz gelingt dort, wo wir gemeinsam dazu beitragen. So lautet die Botschaft der Kampagne „Zesumme fir eist Waasser", der luxemburgischen Wasserverwaltung. Sie stellt sich unter anderem der Frage, was wir tun müssen, um vergangene Fehler zu beheben und unsere Bäche und Flüsse wieder ins Gleichgewicht zu bringen.**

Gewässer sind mehr als nur Wasserläufe, die sich durch unsere Landschaft ziehen. Sie bilden eigene komplexe Lebensräume für eine Vielzahl von Pflanzen und Tieren. Da es gilt, den Zustand dieser Lebensräume zu verbessern, wird seit 2009 in einem 6-jährigen Zyklus ein nationaler Bewirtschaftungsplan ausgearbeitet. Dieses zentrale Dokument der Gewässerbewirtschaftung beschreibt den aktuellen Zustand der Gewässer und die Maßnahmen, die zur Erreichung eines guten Zustandes erforderlich sind.

Auch wenn es auf nationaler Ebene noch kein Gewässer in die Kategorie „gut" geschafft hat, so gibt es doch einige, die nahe dran sind. Im Einzugsgebiet der Attert haben wir derzeit drei Gewässer, die den guten Zustand voraussichtlich bis 2030 erreichen können, falls die entsprechenden Maßnahmen umgesetzt werden. Dies sind die Attert, die Koulbich und die Aeschbech; drei Gewässer, die wir ihnen in den nächsten Editionen näher vorstellen möchten.



Sind Sie Nachbar eines Baches?

*Êtes-vous voisin d'un ruisseau ?*

## Wenn sie selbst „Nachbar" eines Gewässers sind...

Gewässerentwicklungen, wie kleine Uferabbrüche und Kiesbänke sind Anzeichen dafür, daß sich der Bach ein Stück Natur zurückholt. Geben Sie ihm Spielraum!

Deponieren Sie keine Gegenstände oder Grünabfälle innerhalb der Überschwemmungszone und denken Sie bitte daran, daß alle Einleitungen und Entnahmen von Wasser, sowie bauliche Veränderungen in und am Gewässer genehmigungspflichtig sind!

## *Et si vous êtes « voisin » d'un cours d'eau...*

*Les évolutions naturelles tels que bancs de graviers ou érosions de berges sont des signes que le cours d'eau retrouve un équilibre naturel.*

*Accordez-lui un espace de jeu et ne déposez pas d'objets ou de déchets verts dans sa zone d'inondation. Pensez-y que toute introduction d'eau, prélèvement, ou modification structurelle dans ou aux abords d'un cours d'eau est soumise à autorisation.*

# *ENSEMBLE POUR L'EAU*

***Tous ensemble, nous parvenons à protéger nos ressources en eau. Tel est le message de la campagne « Zesumme fir eist Waasser » menée par l'Administration de la gestion de l'eau  Cette initiative s'interroge notamment sur les actions à entreprendre pour corriger les erreurs du passé et restaurer l'équilibre de nos rivières.***

*Afin d'améliorer l'état de nos cours d'eau, un plan de gestion est élaboré depuis 2009, avec une mise à jour tous les 6 ans. Ce document clé de la gestion de l'eau décrit l'état actuel et les mesures nécessaires pour atteindre un bon état écologique des masses d'eau.*

*Même si aucun cours d'eau au Luxembourg n'a encore atteint la catégorie « bon état », certains sont plus proches de cet objectif. Dans le bassin versant de l'Attert, nous en avons actuellement trois : l'Attert, la Koulbich et l'Aeschbech qui pourraient atteindre un bon état d'ici 2030, à condition que les mesures appropriées soient mises en œuvre. Nous vous les présenterons plus en détail dans les prochaines éditions.*

Contrat de rivière Attert – Flusspartnerschaft

Administration de la gestion de l'eau – Grand-Duché de Luxembourg

Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-rue
L-8510 Redange

+352 26 62 08 08
www.attert.com
maison.eau@attert.com

## Links / *Liens*

**Kampagne „Zesummen fir eist Waasser"**
gd.lu/PkMGq

**Broschüre Renaturierung von Flüssen und Bäche**

***Brochure renaturation des cours d'eau***
gd.lu/22wKH1

# VËLO AM ATERTDAUL OUNI GRENZEN

# L'ATTERT À VÉLO SANS FRONTIÈRES

## 2. Editioun vum grenziwwerschreidende Vëlostour

***2è édition de la Balade transfrontalière belgo-luxembourgeoise***

## Sonndes, 1. Juni 2025

***Dimanche 1er juin 2025***

**Depart**
- Fräien Depart: tëscht 9:30 an 14:00.
- Gruppendepart: 10:00 Ell bei der Kiirch (Tour vun 20km oder 50km)

**Tier**
- 4 Strecken: 10 km / 20 km / 30 km / 50 km
- Net fir Coursevëloe gëeegent
- Ouni Umeldung
- Gratis

**Animatioun**
- Gedrénks- a Iessstand beim Depart zu Ell

**Méi Informatiounen**
- kanton-reiden.lu/velo – mobilite@kanton-reiden.lu *Tel. + 352 28 33 40 40*
- attert-tourisme.be – info@attert-tourisme.be

D'Code de la Route vun den 2 Länner gi respektéiert.





©Kanton Réiden

Link op d'Kaarten & GPX vun de 4 Strecken.
*Lien vers les cartes et les GPX des 4 circuits.*

***Départs***
- *Libre : entre 9h30 et 14h00*
- *Groupé : à 10h00 depuis Ell Eglise (circuits de 20km ou 50km)*

***Circuits***
- *4 circuits : 10 km / 20 km / 30 km / 50 km*
- *Non adapté pour vélos de course*
- *Sans inscription préalable*
- *Participation gratuite*

***Animation***
- *Stand de boissons et petite restauration au point de départ à Ell*

***Plus d'infos***
- *kanton-reiden.lu/velo - mobilite@kanton-reiden.lu – Tel. + 352 28 33 40 40*
- *attert-tourisme.be – info@attert-tourisme.be*

*Les Codes de la Route des deux pays sont de stricte application.*

KANTON RÉIDEN

SYNDICAT D'INITIATIVE du Val d'Attert

Parc naturel DE LA VALLÉE DE L'ATTERT

Gemeng Ell

Club des Jeunes Kolpech




Inter Toiture est une société luxembourgeoise, située à Redange-sur-Attert, que j'ai fondée en 1999. En près d'un quart de siècle, elle est devenue une adresse incontournable dans le domaine de la construction en bois et de la rénovation de toiture au Luxembourg.

Même si, à l'origine, l'activité d'Inter Toiture était principalement orientée vers la construction de charpentes et la pose de toiture, j'ai su faire évoluer mon offre et je me suis progressivement tourné vers la construction de maisons, d'annexes, l'isolation thermique ou encore la pose de fenêtres de toit.

Depuis 2013, mon fils Dominique Gérard a rejoint l'entreprise familiale afin de me seconder sur les chantiers. Selin, s'occupe de la comptabilité et s'occupe de toute la partie administrative de l'entreprise.

Nous accordons une grande importance à la formation continue de notre personnel car nos hommes sont la clé de voûte de notre réussite et ils sont les garants de notre savoir-faire.

Avec nous, la construction en bois prend tout son sens !

**INTER TOITURE**

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu



## LES COMMERCES DU WËLLE WESTEN

# HANKO STEMPEL




**Baséiert zu Bilschdref, huet sech HANKO Stempel als Referenz zu Lëtzebuerg an der Fabrikatioun vu personaliséierte Stempelen etabléiert. Hanner dëser innovativer Firma steet de Gérant, Sérgio Alves Santos, mat deem mir d'Chance haten eis auszetauschen.**



© HANKO

### Wéi eng Servicer a Produite bitt HANKO un?

HANKO SÀRL ass spezialiséiert op de Verkaf vu personaliséierte Stempelen. Eis Cliente kënne ganz einfach iwwert eis intuitiv Online-Plattform hir gewënschte Stempele bestellen, déi an eisem Atelier zu Bilschdref hiergestallt ginn a kréien se da bannent 48 Stonnen heem geliwwert.
Parallel dozou bidde mir Servicer un am Beräich vun der Websäite-Kreatioun, besonnesch fir Online-Geschäfter. Dës Offer baséiert op eiser Expertise am Webdesign a riicht sech haaptsächlech u PME.

### Wat huet Iech motivéiert, dës Entreprise ze grënnen?

HANKO ass entstanen aus menger Frustratioun iwwert déi almoudesch Gestioun bei mengem viregte Patron, et gouf sech géint all modern Instrumenter a Verbesserungsvirschlag gewiert. Ugedriwwe vu menger Visioun fir eng modern an op de Client geriichte Firma ze grënnen, hunn ech dës Iddi an d'Realitéit ëmgesat.

An de leschten 9 Joer huet HANKO seng Servicer diversifizéiert a weiderentwéckelt, andeems mir Express-Servicer, Gravuren a Webdesign integréiert hunn.

### Wat mécht HANKO eenzegaarteg um Marché vun de personaliséierte Stempelen?

HANKO zeechent sech aus duerch seng einfach Online-Plattform, wou mir e grousse Choix u personaliséierbare Stempelen ubidden. D'Produktioun an eisem Atelier garantéiert eng streng Qualitéitskontroll an eng ultra-schnell Liwwerzäit.

### Wéivill Leit sinn an Ärer Equipe?

Mir sinn zu zwee: meng Fra an ech. Si huet mech vun Ufank un ënnerstëtzt a spillt eng ganz wichteg Roll an der deeglecher Gestioun vun eiser  Entreprise. Et ass eng richteg Familljenaventure.

### Wien sinn Är Haaptclienten, a wou sëtzen se?

Eis Haaptcliente sinn Entreprisen, vun deenen déi meescht an der Stad Lëtzebuerg baséiert sinn. Dozou zielen och grouss Entitéite wéi POST Luxembourg a CFL, mee och vill Gemengen, Dokteren a kleng a mëttelstänneg Betriber.

### Wéi gesäit Är Zukunftsvisioun aus?

Eis Ambitioun ass duebel: Mir wëllen eis weiderhin als Leader am Beräich vu personaliséierte Stempelen etabléieren a gläichzäiteg eis Roll als digital Agence fir PME stäerken.




© HANKO

# HANKO STEMPEL

**Installée à Bilsdorf, HANKO Stempel s'est rapidement imposée comme une référence au Luxembourg dans la fabrication de tampons personnalisés. Derrière cette entreprise innovante se trouve Sérgio Alves Santos, son gérant, avec qui nous avons eu le plaisir de discuter.**



© HANKO

**Quels services et produits propose HANKO ?**
HANKO SÀRL se spécialise dans la vente de tampons personnalisés grâce à une plateforme en ligne intuitive. Nos clients commandent facilement des tampons fabriqués dans notre atelier de Bilsdorf et les reçoivent rapidement, avec une livraison à domicile sous 48 heures.

En parallèle, nous proposons des services de création de sites web, notamment pour des boutiques en ligne. Cette offre s'appuie sur notre expertise en web design et vise principalement les PME.

**Qu'est ce qui vous a motivé à créer cette entreprise ?**
HANKO est née de ma frustration face à la gestion dépassée de mon ancien employeur, qui refusait d'évoluer avec des outils modernes. Guidé par ma vision d'une entreprise moderne et tournée vers la satisfaction client, j'ai transformé cette idée en réalité avec HANKO. En 9 ans, HANKO a diversifié ses services en intégrant le service express, la gravure et la création de sites web.

**Qu'est-ce qui fait de HANKO un acteur unique sur le marché des tampons personnalisés ?**
HANKO se distingue par la simplicité de son service en ligne offrant un large choix de tampons personnalisables via une plateforme intuitive. La fabrication dans notre atelier garantit un contrôle rigoureux et des délais ultra-rapides, avec livraison à domicile sous 48 heures.

**Combien de personnes composent votre équipe ?**
Nous sommes deux : mon épouse et moi. Elle m'a soutenu depuis le début et joue un rôle essentiel dans la gestion quotidienne de l'entreprise. C'est une vraie aventure familiale.

**Qui sont vos principaux clients, et d'où proviennent-ils ?**
Nos principaux clients sont des entreprises, dont la majorité est située à Luxembourg-Ville. Parmi nos clients, nous comptons de nombreuses grandes entités comme POST Luxembourg ou CFL, mais aussi beaucoup de communes, des médecins et des PME.

**Quels sont vos projets pour l'avenir ?**
Notre objectif est double : continuer à répondre aux besoins de nos clients en tampons personnalisés tout en renforçant notre positionnement en tant qu'agence digitale complète, dédiée principalement aux PME.







HANKO STEMPEL

HANKO S.à.r.l.

+352 621 574 751
www.hanko.lu
info@hanko.lu

LES RESTAURANTS DU WËLLE WESTEN

# RESTAURANT CARPE DIEM

**Zënter Dezember empfänken d'Isabel an de Philippe hir Gäscht am eenzegaartege Kader vum Groussbuusser Jaufferhaus, e fréiere Bauerenhaff vun 1570, dee mat vill Léift vum Besëtzer Henri Boulmont renovéiert gouf.**




Eng vum Isabel senge Spezialitéiten, Scampis à l'ail.

*L'une des spécialités d'Isabel : les scampis à l'ail.*

**Kënnt Dir Iech kuerz virstellen?**
Mir sinn d'Isabel an de Philippe. D'Isabel huet eng liewenslaang Erfarung an der Gastronomie an ass d'Kinnigin an eiser Kichen, déi hat ganz aleng féiert. Ech, de Philippe, këmmere mech mat grousser Freed ëm d'Wuelbefanne vun eise Gäscht a leeden d'Gestioun vun eisem Betrib.

**Firwat hutt Dir Iech entscheet, op Groussbus ze kommen?**
No der fantastescher Renovatioun, ass dëst Gebai e richtege Bijou a bitt eng exzellent Visibilitéit. Wéi de Besëtzer, den Här Boulmont, eis ugebueden huet, fir eis hei nidderzeloossen, hu mir keng Sekonn gezéckt.

**Wat fir eng Zort Kiche bitt Dir un?**
D'Isabel, mat hire portugisesche Wuerzelen, bréngt eng mediterran Touche mat an d'Kichen. Eise Fokus läit awer haaptsächlech op traditionelle Platen. D'Isabel leet grousse Wäert op frësch, qualitativ héichwäerteg Produiten, an alles ass hausgemaacht. De Fësch, dee frësch geliwwert gëtt, gëtt vun eis preparéiert an direkt duerno agefruer fir seng Frëschheet beschtméiglech ze erhalen.

**Bitt Dir en Dagesmenü un?**
Jo, mir bidde vu Méindes bis Freides mëttes en dräi-Gäng-Menü un. Freides stinn ëmmer Fësch oder Mieresfriichten um Menü.

**Kann ee bei Iech och Events organiséieren, wéi Hochzäiten oder Konferenzen?**
Absolut! Mir bidde verschidde Raim un, déi all privat kënne gelount ginn. Ee vun eise Säll ass mat engem moderne Sound- a Beliichtungssystem ausgestatt, an d'Konferenzmaterial wäert geschwënn zur Verfügung stoen. Mat eiser All-Inklusiv-Formule kënne mir Eventer fir bis zu 60 Persounen organiséieren.

Um Rez-de-Chaussée hu mir e gemittleche Bistro mat zwee Billarddëscher. Ausserdeem plange mir, Wäiprouwen unzebidden, déi vun Lëtzebuerger Wënzer encadréiert ginn.

**Am Haus ass och e Gite integréiert…**
Jo, mir hunn och e Gite mat véier Zëmmeren am Haus, all mat enger eegener klenger Kichen equipéiert. D'Zëmmere leien no hannen aus a bidden absolut Rou. Op Ufro bidde mir och e privatiséierte Früstück u fir de Gaspillage ze reduzéieren.




Eng vun de 4 Zëmmer vum Gîte.

*L'une des 4 chambres du gîte.*

Carpe Diem
13, rue d'Ettelbruck
L-9154 Grosbous

+352 26 88 12 92 – 22 (restaurant)
+352 26 88 12 92 -20 (Gîte et bistrot)
carpediemrestaurant21@gmail.com
carpe-diem.lu

Parking derrière le bâtiment
Livraison dans un rayon de 15km

Horaires:




D'Isabel an de Philippe leeden dësen neie Projet zu Groussbus. Hei virum Jaufferhaus, wou sech de Restaurant mam Bar an de Gîte mat de 4 Zëmmer beféinnt.

*Isabel et Philippe dirigent ce nouveau projet à Grosbous. Ici, devant la ferme Jauffer, où se trouvent le restaurant avec le bar et le gîte comprenant 4 chambres.*

# RESTAURANT CARPE DIEM

**Depuis décembre dernier, Isabel et Philippe accueillent leurs clients dans le cadre unique de l'ancienne ferme Jauffer datant de 1570, méticuleusement rénovée par son propriétaire, Monsieur Henri Boulmont.**

**Pouvez-vous vous présenter brièvement ?**
*Nous sommes Isabel et Philippe. Isabel, forte d'une expérience de toute une vie dans la restauration, est la reine de la cuisine qu'elle gère toute seule. Et moi (Philippe), je veille avec passion au bien-être des clients et à la gestion de l'établissement.*

**Qu'est-ce qui vous a convaincus de vous installer à Grosbous ?**
*Le cadre de ce bâtiment magnifiquement rénové est tout simplement exceptionnel, offrant une visibilité idéale. Alors, lorsque le propriétaire M. Boulmont nous a proposé de nous y installer, nous n'avons pas hésité une seule seconde.*

**Quel type de cuisine proposez-vous ?**
*Isabel, d'origine portugaise, insuffle une touche méditerranéenne à sa cuisine, tout en mettant l'accent sur des plats principalement traditionnels. Elle privilégie exclusivement des produits frais, et tout est fait maison. Le poisson, fraîchement arrivé, est soigneusement préparé et immédiatement congelé par nos soins afin de préserver toute sa fraîcheur.*




Ee vun de sëllege Säll am herrlech renovéierte Jaufferhaus.

*L'une des nombreuses salles à manger dans la magnifique ferme Jauffer, superbement rénovée.*

**Proposez-vous un menu du jour ?**
*Oui, nous proposons un menu du jour composé de trois services, du lundi au vendredi. Le vendredi est toujours dédié à des plats de poisson ou de fruits de mer.*

**Disposez-vous d'infrastructures adaptées à l'organisation d'événements, tels que des mariages ou des conférences ?**
*Absolument, une location de salle privative est possible. Nous proposons plusieurs salles, dont l'une est équipée d'un système de sonorisation et d'éclairage, et prochainement des outils de conférence seront également disponibles. Nos formules tout compris permettent d'accueillir des événements jusqu'à 60 personnes.*

*Au rez-de-chaussée, vous trouverez un bar convivial ainsi que de petites salles dotées de tables de billard. Nous prévoyons également d'organiser des dégustations de vins animées par des vignerons locaux, pour enrichir encore l'expérience de nos clients.*

**Le bâtiment propose-t-il également des chambres à louer sur une base journalière ?**
*Oui, nous gérons également un gîte comprenant 4 chambres, chacune équipée d'une kitchenette. Les chambres, situées à l'arrière du bâtiment, bénéficient d'un calme absolu. Un petit déjeuner est possible sur demande et privatisé afin d'éviter tout gaspillage excessif.*

## LES ARTISANS DU WËLLE WESTEN

# VINTAGE HOME AND MORE

**D'Annick Boltz huet sech 2016 entscheet, hir Passioun zum Beruff ze maachen: Al Miwwelen an Objete mat enger Geschicht neit Liewen ze schenken. An hirem Atelier, tëscht Hitten a Biekerech, kombinéiert si Kreativitéit, Nohaltegkeet an Handwierk op eng faszinéierend Manéier.**



D'Annick Boltz huet 2016 hiere Bürosjob fir hier Passioun gekënnegt an ass säitdeem als Konscht-Handwierkerin zu Biekerech täteg.

*Annick Boltz a quitté son emploi de bureau en 2016 pour suivre sa passion et travaille depuis comme artisane d'art à Beckerich.*

**Annick, kënnt Dir eis erzielen, wat Iech motivéiert huet, mam Recycling a Relooking vu Miwwelen unzefänken?**
Zënter menger Kandheet hu mech al Miwwelen a Saache mat enger Geschicht faszinéiert. Ech hat laang e Bürosjob, dee mech awer net wierklech erfëllt huet – ech wollt ëmmer eppes mat mengen Hänn maachen. 2016 hunn ech d'Entscheedung geholl, meng Passioun zu mengem Beruff ze maachen. Säitdeem sinn ech net nëmme glécklech, mee och richteg erfëllt.

**Wat ass d'Philosophie, déi Ären Alldag leet?**
Ech wëll weisen, datt et net ëmmer néideg ass, eppes Neies ze kafen – mat e bësse Kreativitéit a Gedold kann ee gebrauchten Objeten an eppes ganz Besonneschtes ëmwandelen. Esou verbannen ech Kreativitéit mat engem positive Bäitrag fir eng méi nohalteg Welt.

**E Client huet e Miwwel, deen e wëll ëmänneren. Wat si seng Optiounen?**
Do ginn et dräi Méiglechkeeten:

a) Ech maachen d'Renovatioun a mengem Atelier, nodeems de Client mech virdru kontaktéiert huet.

b) De Client mellt sech an engem vu mengen Atelieren un, wou hien ënnert menger Begleedung säin eegene Miwwel renovéiert.

c) Am Buttik ginn et Berodung a Material fir d'Renovatioun selwer doheem ze maachen.

**Wat kritt een alles bei Iech am Buttik ze kafen?**
Am Buttik fannt Dir eng grouss Auswiel u Kräidefaarwen, Acrylfaarwen, natierlech Wichs, Decoupagen (de gréisste Choix am Land), Do-It-Yourself-Artikelen, eenzegaarteg Dekoartikelen an upcycelt Miwwelen. Kommt am beschte laanscht a kuckt selwer, wat alles ze entdecken ass oder kuckt op menger Facebooksäit oder Homepage!

**Muss ee begaabt si fir säi Miwwlestéck selwer ze upcycelen?**
Absolut net! Ech sinn ëmmer rëm begeeschtert, wéi wonnerschéi Resultater Participanten ouni Erfarung fäerdegbréngen. An et mécht mir grousse Pleséier, hir Freed ze gesinn, wa si eppes Eegenes geschafen hunn. Dobäi gëtt villen och bewosst, datt Saachen, déi s'an der Vergaangenheet ewechgehäit hunn, duerch Upcycling e komplett neie Look hätte kéinte kréien.



Am Buttik fënnt een alles, wat ee fir d'Renovatioun doheem brauch, souwéi stilvoll Dekoartikelen an eenzegaarteg Kreatioune vum Annick Boltz.

*Dans la boutique, on trouve tout le nécessaire pour la rénovation à domicile, ainsi que des objets de décoration élégants et des créations uniques d'Annick Boltz.*



Besonnesch d'Renovatioun an de Relook vu Foteller si vill gefrot.

*La rénovation et le relooking de fauteuils sont particulièrement demandés.*



Annick's Furniture Art
by VINTAGE HOME & MORE
45 Dikrecherstrooss
L-8523 Beckerich

+352 661 968 396
vintagehomemore.lu
Vintage Home & More

# VINTAGE HOME AND MORE

**En 2016, Annick Boltz a décidé de transformer sa passion en métier : donner une seconde vie aux meubles et objets anciens qui ont une histoire. Dans son atelier, situé entre Huttange et Beckerich, elle allie créativité, durabilité et artisanat d'une manière fascinante.**

**Annick, pouvez-vous nous dire ce qui vous a motivée à vous lancer dans le recyclage et la rénovation de meubles ?**
*Depuis mon enfance, j'ai toujours été fascinée par les meubles anciens et les objets chargés d'histoire. J'ai longtemps travaillé dans un bureau, mais ce métier ne me comblait pas vraiment – j'ai toujours voulu créer de mes propres mains. En 2016, j'ai pris la décision de faire de ma passion mon métier. Depuis, je ne suis pas seulement heureuse, mais également pleinement épanouie.*

**Quelle est la philosophie qui guide votre quotidien ?**
*Je veux montrer qu'il n'est pas toujours nécessaire d'acheter du neuf – avec un peu de créativité et de patience, on peut transformer des objets usagés en pièces uniques et originales. Ainsi, j'associe créativité et engagement pour un monde plus durable.*

**Un client possède un meuble qu'il souhaite transformer. Quelles sont ses options ?**
*Il a trois possibilités:*

*a) Je réalise la rénovation dans mon atelier après que le client m'a contacté.*

*b) Le client s'inscrit à l'un de mes ateliers, où il rénove son propre meuble sous mon accompagnement.*

*c) En boutique, des conseils et du matériel sont disponibles pour réaliser la rénovation soi-même à domicile.*

**Quels produits trouve-t-on dans votre boutique ?**
*Dans ma boutique, vous découvrirez une large sélection de peintures à la craie, peintures acryliques, cires naturelles, papiers de découpage (le plus grand choix du pays), articles Do-It-Yourself, objets de décoration uniques et meubles upcyclés. Le mieux est de venir voir par vous-même tout ce qu'il y a à découvrir ou de jeter un œil à ma page Facebook ou mon site internet !*

**Faut-il être doué pour upcycler son propre meuble ?**
*Absolument pas ! Je suis toujours émerveillée par les magnifiques résultats obtenus par des participants sans aucune expérience. Et j'éprouve un immense plaisir à voir leur joie lorsqu'ils créent quelque chose de leurs propres mains. Beaucoup réalisent alors que des objets qu'ils auraient jetés par le passé auraient pu retrouver une nouvelle vie grâce à l'upcycling.*





D'Kammoud virum (uewen) an nom (ënnen) Annick senger Renovatioun.

*La commode avant (en haut) et après (en bas) la rénovation réalisée par Annick.*

# Visite guidée am Arboretum vu Réiden

## Sonndes, de 25. Mee 2025 vun 10h00 bis 12h00



© Schmit Caroline



De Joé Trossen, e landeswäit bekannte Bamspezialist, huet viru 45 Joer en Arboretum zu Réiden ugeplanzt, mat iwwer honnert verschiddene Beem aus alle Kontinenter. Zanterhier bekëmmert hien sech mat vill Energie a Passioun ëm dëse besonnesche Park. Beem sinn dem Joé seng gréisste Leidenschaft, an hie wëll dës Begeeschterung mat eis deelen. Dowéinst invitéiert hie fir eng Féierung duerch säin eenzegaartegen Arboretum a wäert interessant Erklärungen iwwer déi besonneschst Bewunner vum Park ginn.

Uschléissend si mir frou, lech op e Patt anzelueden.

**Wou:**
Entrée an der rue de la Piscine zu Réiden (kuerz hannert der Kräizung mat der Rue de Reichlange)

**Präis:**
10 €/Erwuessener ;
5€/Kanner (den Erléis geet u Médecins du monde).

**Sprooch:**
D'Féierung ass op Lëtzebuergesch.

Umeldung erwënscht (bis den 20. Mee):
event@kanton-reiden.lu
T. 28 33 4-040

Kommt mat a loosst lech vun dësem Natur-Schatz inspiréieren!

KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE




# Visite guidée Guttland.Trail Riedergrënn




Am Kader vum Projet Habitat Aktiounsplang - Restauréierung vun aarteräichem Gringland huet d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur a Kooperatioun mam ORT Visit Guttland, der Gemeng Ell an de Schoulkanner vun Ell, en neie Wanderwee – de Guttland.Trail Riedergrënn - ausgeschafft.

De Claude Schiltz, Geograph bei der Fondatioun Hëllef fir d'Natur an Auteur vum Topoguide „Riedergrënn", hëllt Iech mat op eng geféiert Wanderung iwwert dëse spektakuläre Wanderwee. D'Riedergrënn ass ee wonnerschéint an ofgeschottent Dall, ee vun de schéinsten am Wëlle Westen.

Ënnerwee verréit de Claude spannend Detailer iwwer dëst wäertvollt Natura 2000-Schutzgebitt, d'fiischt Wisen, déi al Huelwëeer, de Schwarze Stuerk a de räiche kulturhistoresche Patrimoine vun dësem typeschen Éisleker Wisegrond. Wosst Dir, dass dësen Dall fréier geflëizt gouf?

Kommt mat an entdeckt seng faszinéierend Geschicht a seng eenzegaarteg Natur!



## Informatiounen zur Wanderung

**Distanz:** 9 km

**Héichtenënnerscheed:** 290 m

**Reng Tréppelzäit:** 2h45

**Niveau:** Ustrengend

**Wéini:** Christi Himmelfahrt, den 29. Mee 2025 um 9h00

**Treffpunkt:** Parking vum Bëschkiefecht, 500 m südlech vu Ruedt/Ell (Haaptstrooss CR303)

**Präis:** gratis, fakultativ Spend un d'Fondatioun

**Sprooch:** Lëtzebuergesch

**Umeldung erwënscht bis den 20. Mee :**
event@kanton-reiden.lu
T. 28 33 4-040

KANTON REIDEN TOURISME

Gemeng Ell

natur&ëmwelt FONDATION HËLLEF FIR D'NATUR

VISIT GUTTLAND

# VËLOSTOUR VU MAARTEL OP BAASCHTNECH (EUROVELO ROUTE 5)

## *TOUR À VÉLO DE MARTELANGE À BASTOGNE (EUROVELO ROUTE 5)*

**Distanz (hin & zréck):** 54 km

**Wéini:** Sonndes, den 13. Juli 2025
Départ: 10h00   Retour: +/- 16h00

**Treffpunkt:** Parking vum Office du Tourisme de Martelange
Adresse: Chem. du Moulin 2, B-6630 Martelange

**Sprooch :** Lëtzebuergesch & Franséisch

**Umeldung erwënscht bis den 7. Juli:**
event@kanton-reiden.lu
T. 28 33 4-040

Mir fueren zesummen am Grupp vu Maartel op Baaschtnech iwwer déi nei ausgebaute Vëlospiste, déi Deel vun der EuroVelo Route 5 (Roum – London) ass.

Eise Wee féiert haaptsächlech iwwer asphaltéiert Vëlospisten, laanscht verschlofen Ardennen-Dierfer an duerch déi idyllesch Däller vun der Sauer an der Strange, déi gréisstendeels an enger Natura 2000-Zon leien. De Verlaf geet iwwer eng al Eisebunnsstreck, déi Baaschtnech mat Maartel verbonnen huet.

Zu Baaschtnech gi mir iessen, ier mir nees iwwer de selwechte Wee zréck op Maartel fueren.




***Distance (aller & retour):*** *54 km*

***Quand :*** *Dimanche 13 juillet 2025  Départ: 10h00*
*Retour: +/- 16h00*

***Point de rendez-vous :*** *Parking de l'Office du Tourisme de Martelange*
*Adresse : Chem. du Moulin 2, B-6630 Martelange*

***Langue :*** *Luxembourgeois & Français*

***Inscription souhaitée avant le 7 juillet :***
*event@kanton-reiden.lu*
*T. 28 33 4-040*

*Nous partons ensemble en groupe de Martelange à Bastogne, en empruntant la nouvelle piste cyclable aménagée, qui fait partie de l'EuroVelo Route 5 (Rome – Londres).*

*Notre itinéraire suit principalement des pistes cyclables asphaltées, longeant de charmants villages ardennais et traversant les vallées idylliques de la Sûre et de la Strange, situées en grande partie dans une zone Natura 2000. La majeure partie du parcours emprunte une ancienne ligne de chemin de fer, qui reliait autrefois Bastogne à Martelange.*

*À Bastogne, nous prendrons un repas avant de repartir par le même itinéraire en direction de Martelange.*




KANTON RÉIDEN
MOBILITÉ

Kanton Réiden
Service Mobilité
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

# OUSCHTERQUIZ 2025

## Fir Kanner mat hirer Famill



**Wéini?**
An der Ouschtervakanz
**vum 05.04 bis den 21.04.2025**

Och dëst Joer ass den Ouschterhues nees am Wëlle Westen ënnerwee!

Maacht mat bei eisem Quiz a gewannt flott Kanner- an Familljenaktivitéite bei enger Entdeckungstour duerch d'Muséeë vum Wëlle Westen.

Op dëser kënnen d'Kanner d'Spuere vum Ouschterhues verfollegen, Froe beäntwerten a kleng spannend Aufgabe léisen.

**D'Kanner an hier Famill, déi de Quiz léise kënnen, hunn d'Chance op de Gewënn vun:**

- **1 Kannervisitt op der Useldenger Buerg**
- **1 Bong fir d'Aktivitéit „Kids at the museum" am Schifer-musée zu Uewermaartel**
- **1 Atelier fir Kanner an der Thillenvogtei zu Randschelt**

Dës Aktivitéite ginn un 3 Kanner / Familljen ausgeloust.

Umeldung noutwendeg.
D'Participante kréien de Quiz bei der Umeldung per E-Mail zougeschéckt.

**Fir méi Informatiounen zu eisem Ouschterquiz an Umeldung bis den 03.04:**

**tourisme@kanton-reiden.lu**
**T +352 28 33 45**

version française

KANTON RÉIDEN
TOURISME

**TouristInfo Wëlle Westen**
Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

T +352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu
@visitwellewesten

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

# Weekend vum Wëlle Westen 2025

## 29. JUNI / *29 JUIN*

## 10H00-18H00

### Op der Kulturmillen zu Biekerech
### *A la Kulturmillen à Beckerich*



© Caroline Martin

## De Kanton Réiden invitéiert Iech op säin touristescht Fest fir Grouss a Kleng

## *Le Kanton Réiden vous invite à sa fête touristique pour petits et grands.*


© JR Photography

**Gratis Animatioun fir Kanner**

***Animation gratuite pour enfants***

**Animatioun fir d'ganz Famill**
Villfältegen Animatiounsprogramm fir Grouss a Kleng: Gratis Visitten vum neien Energiemusée, Gratis Animatioun: Schmuggler-Acts, Workshops, an Infostänn vun den touristesche Partner a Veräiner aus dem „Wëlle Westen", Iessen a Gedrénks. Net ze vergiessen: Potty Lotty, Live-Acts & Concerten.

Entdeckt déi touristesch Offer vum Wëlle Westen an engem aussergewéinleche Kader.


© Caroline Martin

***Animation pour toute la famille***
*Un programme d'animations varié pour petits et grands : Visites guidées du nouveau musée d'énergies, workshops et stands d'information des partenaires touristiques et des associations du « Wëlle Westen », ravitaillement, sans oublier Potty Lotty, des live-acts et des concerts.*

*Découvrez l'offre touristique du « Wëlle Westen » dans un cadre exceptionnel.*

**Méi Informatiounen / *Plus d'informations***

TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme vum Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

+352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu

visitwellewesten
visitwellewesten

KANTON RÉIDEN TOURISME

VISITWËLLEWESTEN

Kulturmillen Am Geescht vun der Zäit

VISIT LUXEMBOURG

## KANTON REIDEN TOURISME

# OPRUFF AKTIOUN „HIDDEN TREASURES“

## *APPEL À PARTICIPATION – « HIDDEN TREASURES »*




### Wat ass är Liblingsplaz am Wëlle Westen?

Am Kader vum Projet „Hidden Treasures” hu mir d’läscht Joer scho Flyer fir d’Gemeng Biekerech an Useldeng ëmgesat. Déi kommen net nëmmen den Tourist:innen ze gutt, mee och de Bierger:innen selwer, déi hei wunnen. Dir fannt se bei eis am TouristInfo zu Useldeng.

Mee och dëst Joer si mir erëm op der Sich no Ärer Liblingsplaz hei am Wëlle Westen!

Hutt Dir Loscht, Är Liblingsplaz am Wëlle Westen an engem perséinlechen Text ze presentéieren? Da maacht mat a setzt Iech mat eis a Verbindung. Et ass eng Viraussetzung, datt är Liblingsplaz, déi Dir beschreiwe wëllt och fir jiddwereen ëffentlech a fräi zougänglech ass. Mir géifen eis freeën eis schéi Regioun mol emol vun enger ganz anerer Säit weisen. Vun Ärer!

Mir freeën eis, dëse Projet zesumme mat Iech unzegoen a freeën eis op Äre Retour.

Bei Froe kënnt Dir eisen TouristInfo Wëlle Westen kontaktéieren!

KANTON RÉIDEN TOURISME

VISITWËLLEWESTEN

TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme vum Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

+352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu

visitwellewesten
visitwellewesten

### *Quel est votre endroit préféré au Wëlle Westen ?*

*Dans le cadre du projet « Hidden Treasures », nous avons déjà réalisé l’année dernière des flyers pour les communes de Beckerich et Useldange. Celles-ci ne bénéficient pas seulement aux touristes, mais aussi aux habitants de la région. Vous pouvez les retrouver dans notre office du tourisme à Useldange.*

*Cette année encore, nous sommes à la recherche de votre endroit préféré au Wëlle Westen !*

*Aimeriez-vous présenter votre lieu favori à travers un texte personnel ? Alors, participez et contactez-nous ! Il est important que l’endroit que vous souhaitez décrire soit librement accessible à tous.*

*Nous serions ravis de mettre en avant notre belle région sous un tout nouvel angle : le vôtre !*

*Nous nous réjouissons de mener ce projet avec vous et attendons votre retour avec impatience.*

*Pour toute question, n’hésitez pas à contacter notre TouristInfo Wëlle Westen !*

# DE GRUPP „LAFEN AM WËLLE WESTEN"

**Säit 2 Joer gëtt et am Kanton Réiden de Laf-Grupp „Lafen am Wëlle Westen", dee sech eemol pro Woch trëfft fir zesummen am Kanton Réiden ze joggen.**

**Kënnt Dir Iech kuerz virstellen?**
Mir sinn de Lafgrupp „Lafen am Wëlle Westen", vertrueden duerch d'Alda, d'Sandy an de Balou. Zesummen organiséiere mir all Woch 1-2 Leef.

**Wat war är Motivatioun fir dësen Laf-Treff ze starten?**
D'Iddi ass Enn 2022 entstanen. Et geet drëm net aleng ze lafen. Zesumme lafen ass net nëmme méi motivéierend, mee och méi sécher a méi flott – besonnesch bei Wand, Reen oder an der Däischtert.

**Dir betount, datt all Niveauen, vum Ufänger bis zum laangjärege Leefer, wëllkomm sinn. Wéi garantéiert Dir, dass all Leefer op seng Käschte kënnt?**
Mir starten als Grupp a kommen och als Grupp zum Startpunkt zréck. Déi méi séier Leefer kënnen tëschenduerch unzéien, wärend déi méi lues Leefer vun engem vun eis begleet ginn, sou datt keen eleng ass.

**Wéi hëlleft Dir Ufänger hir Ziler z'erreechen?**
Eis Ufänger gi begleet an duerch Gespréicher ofgelenkt. De Streckeverlaf ass ofwiesslungsräich, et gesäit een nei Landschaften, dobäi fillt ee sech wéi an der Vakanz an d'Ustrengung ass vergiess! Mat der Zäit gesinn d'Ufänger hir Fortschrëtter a kréie Loscht op méi. Bei extreemen Temperature stelle mir Verfleegung zur Verfügung oder hëllefen, wann néideg, mat engem Transport zréck.

**Laaft Dir ëmmer dee selwechte Parcours oder wiesselt Dir?**
Mir wiesselen d'Parcoursen of, ugepasst un d'Joreszäit an d'Wieder. No Course lafe mir méi gemittlech, an am Summer steet méi Bësch an Trail um Programm. Am Wanter, wann et kal oder naass ass, vermeide mir däischter Bëschweeër.

**Wéi informéiert Dir Är Membere wou a wéini gelaf gëtt?**
Treffpunkt ass all Dënschden um 18:45. D'Plaz, d'Lafstreck a soss weider néideg Informatioune gi via Strava-Club, Instagram, Facebook a Whatsapp-Grupp gedeelt.

**Wat géift Dir Leit roden, déi zécken, bei Iech matzelafen?**
Kommt einfach op ee vun eise Laf-Treffs Dënschdes um 18:45 – probéieren huet nach ëmmer geklappt! Op Eventer si mir och un eisem Logo op Fändelen oder T-Shirten ze erkennen.

**Zesumme lafen a Freed deelen – dat ass „Lafen am Wëlle Westen!"**



© LAWW




# LE GROUPE « LAFEN AM WËLLE WESTEN »

**Depuis 2 ans, il existe dans le canton de Redange un groupe de course à pied, « Lafen am Wëlle Westen », qui se réunit une fois par semaine pour courir ensemble dans la région.**

**Pouvez-vous vous présenter brièvement ?**
*Nous sommes le groupe de course « Lafen am Wëlle Westen – LAWW », représenté par Alda, Sandy et Balou. Ensemble, nous organisons 1 à 2 courses par semaine.*

**Quelle a été votre motivation pour lancer ce rendez-vous de course à pied ?**
*L'idée a vu le jour fin 2022. Le but est de ne pas courir seul. Courir en groupe est non seulement plus motivant, mais aussi plus sûr et plus agréable – surtout par vent, pluie ou dans l'obscurité. Avec le temps, nous avons acquis beaucoup d'expérience que nous aimons partager.*

**Vous insistez sur le fait que tous les niveaux, des débutants aux coureurs expérimentés, sont les bienvenus. Comment garantissez-vous que chaque participant trouve son compte ?**
*Nous partons en groupe et revenons également ensemble au point de départ. Les coureurs les plus rapides peuvent accélérer à certains moments, tandis que les coureurs plus lents sont accompagnés par l'un d'entre nous, afin que personne ne reste seul.*

**Comment aidez-vous les débutants à atteindre leurs objectifs ?**
*Nos débutants sont accompagnés et distraits par des discussions. Le parcours est varié, offrant de nouveaux paysages, ce qui donne l'impression d'être en vacances et fait oublier l'effort ! Avec le temps, les débutants voient leurs progrès et ont envie de continuer. Lors de températures extrêmes, nous fournissons des ravitaillements ou organisons un transport de retour si nécessaire.*

**Courez-vous toujours le même parcours ou variez-vous ?**
*Nous alternons les parcours, adaptés aux saisons et aux conditions météo. Après un weekend de course, nous optons pour un rythme plus tranquille, et en été, nous privilégions les forêts et les trails. En hiver, lorsqu'il fait froid ou humide, nous évitons les sentiers forestiers sombres.*

**Comment informez-vous vos membres des lieux et horaires des courses ?**
*Le rendez-vous est fixé tous les mardis à 18h45. Le lieu, le parcours et d'autres informations utiles sont partagés via Strava, Instagram, Facebook et un groupe WhatsApp.*

**Que dites-vous aux personnes qui hésitent à venir courir avec vous ?**
*Venez simplement à l'un de nos rendez-vous de course le mardi à 18h45 – essayer, c'est l'adopter ! Lors des événements, vous pouvez nous reconnaître grâce à notre logo sur des drapeaux ou des T-shirts.*

**Courir ensemble et partager la joie – voilà ce qu'est « Lafen am Wëlle Westen ! »**

Lafen am Wëlle Westen

lafengenwesten@gmx.de

Lafen_am_welle_westen
Captain_Tinnitus

Lafen Am Welle Westen

# MAT VOLLGAS UN D'WELTSPËTZT VUM CYCLOCROSS

**D'Marie Schreiber wunnt am Préizerdaul an huet mat hiren 21 Joer scho vill erreecht. Si fiert net nëmme Stroossevëlo, mee virun allem och Cyclocross um Weltniveau. Ufank Februar ass d'Marie Vizeweltmeeschterin am Cyclocross bei den U23 Damme ginn. Mir si ganz frou, dass d'Marie sech bëssi Zäit geholl huet fir op e puer Froen ze äntwerten.**



© Serge Waldbillig

**Marie, wéini a wéi hues Du Deng Passioun fir de Vëlossport entdeckt ?**
Meng Passioun fir de Vëlossport huet ganz fréi ugefaangen – ech souz scho bal als Bébé um Vëlo! Mat menger Famill si mir dacks mam Vëlo an d'Vakanz gefuer, a mat 6 Joer sinn ech meng éischt Coursë mam Vëlosclub vum Préizerdaul gefuer. Dat huet mir sou vill Spaass gemaach, dass sech alles natierlech entwéckelt huet.

**Wéi gesäit een typeschen Trainingsdag vun Dir aus?**
Ech sti moies géint 9 Auer op a starten duerno mam Vëlostraining. D'Dauer hänkt vum Programm of. Nom Training a Mëttegiesse steet méi spéit en zweeten Training un : Lafen, Schwammen oder Kraafttraining, jee no Programm.

**Wéivill Stonnen an der Woch sëtz Du um Vëlo? A wou trainéiers Du?**
Am Duerchschnëtt 15 bis 20 Stonnen d'Woch, plus déi aner Trainingseenheeten. Ech trainéieren do, wou ech grad sinn, well mam Vëlo ass een net u fest Plaze gebonnen.

**Du fiers esouwuel Cyclocross wéi och Stroossevëlo – wat ass Deng Liblingsdisziplin a firwat?**
Cyclocross ass meng Liblingsdisziplin, an och déi, wou ech am stäerkste sinn. Vun Ufank un hu mir Cyclocross-Coursën enorm Spaass gemaach, an et huet sech séier gewisen, dass ech international gutt mathale kann. Sou huet mäi Wee mech an d'Belsch gefouert, wou ech all Joer Fortschrëtter gemaach hu fir op mäin aktuellen Niveau ze kommen. Duerch Cyclocross konnt ech och mäi Profivertrag kréien, wat mir natierlech vill bedeit.

**Wéi schalts Du tëscht Training a Coursën am beschten of, besonnesch wann's Du vill ënnerwee bass?**
Wann ech doheem sinn, verbréngen ech sou vill Zäit wéi méiglech mat menger Famill. Ech sinn um Bauerenhaff opgewues, do gëtt et ni langweileg. Och wann ech ënnerwee sinn, probéieren ech ofzeschalten a mech ofzelenken. Kleng Saache wéi liesen oder Kräizworträtselen hëllefen mir ze entspanen.

Mäi Motto ass „Dream big“, an dat géif ech jidderengem mat op de Wee ginn.




2014: Training als Kand um MTB Tours vum Préizerdaul.
*2014 : Entraînement comme enfant sur les circuits VTT du Préizerdaul.*




Juli 2018 : Stroossechampionnat zu Réiden, Categorie U17, éischt Course mam Christine Majerus.
*Juillet 2018 : championnat sur route à Redange, catégorie U17, première course avec Christine Majerus*

**Wat sinn Deng sportlech Ziler fir déi nächst Joren?**
Mäi grousst Zil sinn déi Olympesch Spiller zu Los Angeles 2028. Am Cyclocross wëll ech mech weider entwéckelen, laang un der Weltspëtzt fueren a weider Weltcupe gewannen. Dat ultimativt Zil ass, eemol Elite-Weltmeeschterin ginn!

Op der Strooss wëll ech mech kontinuéierlech verbesseren, fir ëm d'Victoire op deene ganz grousse Coursë kënne matzefueren.

**Wat fir e Message hues Du fir jonk Sportlerinnen a Sportler aus eisem Kanton?**
Hutt Spaass bei deem, wat der maacht, a gitt ären eegene Wee – alles kënnt zu senger Zäit. Loosst Iech vu kengem ënner Drock setzen oder soen, dass der eppes net packt. Wann et soll sinn, da klappt et – egal ob no 2 oder 10 Joer.

Mäi Motto ass „Dream big“, an dat géif ech jidderengem mat op de Wee ginn. Näischt ass onméiglech, wann een dru gleeft a sech 100% dofir asetzt. Gleeft un Iech selwer!

**Wat bedeit Däin Heemechtsduerf an de Wëlle Westen fir Dech?**
„Doheem ass et am schéinsten“ – an dat stëmmt fir mech ganz besonnesch. De Préizerdaul bedeit mir extreem vill, well ech do opgewues sinn a meng Kandheet am Duerf verbruecht hunn. Ech sinn „eent vum Land“ a schätzen, wou ech hierkommen.

Ech komme vill ronderëm, mee näischt vergläicht sech mam Gefill, heemzekommen an op „menge“ Stroossen ze trainéieren. De Wëlle Westen läit mir vill um Häerz, well ech zënter klengem do trainéieren – fir mech déi ideal Plaz!

**Hues Du nach eppes, wat's Du mat eise Lieser deele wëlls?**
E grousse Merci un all déi, déi mech ënnerstëtzen! Vill Leit hu mir an deene leschte 10 Joer gehollef a fest u mech gegleeft, dofir sinn ech hinnen onendlech dankbar.

Och un all déi, déi mäi Wee verfollegen an ënnerstëtzen – Merci fir de Support!

**Mir wënschen dem Marie nëmmen dat Allerbëscht fir seng aussergewéinlech Carrière a si ganz houfreg, dass hatt eise Vëloskanton esou super an der grousser Welt representéiert!**

# À TOUTE VITESSE VERS L'ÉLITE MONDIALE DU CYCLOCROSS

**Marie Schreiber vit à Préizerdaul et, à seulement 21 ans, elle a déjà atteint beaucoup. Elle ne pratique pas seulement le cyclisme sur route, mais surtout le cyclocross au plus haut niveau mondial. Début février, Marie est devenue vice-championne du monde de cyclocross dans la catégorie U23. Nous sommes ravis que Marie ait pris un peu de temps pour répondre à quelques questions.**

**Marie, quand et comment as-tu découvert ta passion pour le cyclisme ?**
*Ma passion pour le cyclisme a commencé très tôt – j'étais presque sur un vélo avant même de savoir marcher ! Avec ma famille, nous partions souvent en vacances à vélo, et à 6 ans, j'ai disputé mes premières courses avec le club cycliste de Préizerdaul. J'y ai pris tellement de plaisir que tout s'est développé naturellement.*

**À quoi ressemble une journée d'entraînement typique ?**
*Je me lève vers 9h et commence ensuite mon entraînement à vélo. La durée dépend du programme du jour. Après l'entraînement et le déjeuner, une deuxième séance est souvent prévue l'après-midi : course à pied, natation ou musculation, selon le programme.*

**Combien d'heures par semaine passes-tu sur le vélo et où t'entraînes-tu ?**
*En moyenne, entre 15 et 20 heures par semaine, sans compter les autres séances d'entraînement. Je m'entraîne là où je me trouve, car avec le vélo, on n'est pas limité à un endroit précis.*




Juli 2024 : Stroossechampionnat zu Harel, Categorie U23, éischt Kéier Elite National Champion.
*Juillet 2024 : championnat sur route à Harlange, catégorie U23, premier titre de championne nationale élite.*

**Tu fais à la fois du cyclocross et du cyclisme sur route – quelle est ta discipline préférée et pourquoi ?**
*Le cyclocross est ma discipline favorite, et aussi celle où je suis la plus forte. Dès mes premières courses, j'ai adoré ce sport, et il est rapidement apparu que je pouvais me mesurer au niveau international. Cela m'a conduit à m'entraîner en Belgique, où j'ai progressé chaque année pour arriver à mon niveau actuel.*

*Grâce au cyclocross, j'ai pu décrocher mon contrat professionnel, ce qui représente énormément pour moi.*

**Comment te détends-tu entre les entraînements et les compétitions, surtout quand tu es souvent en déplacement ?**
*Quand je suis chez moi, je passe un maximum de temps avec ma famille. Ayant grandi dans une ferme, je ne*

m'ennuie jamais et je reste toujours active. Même en déplacement, j'essaie de me détendre et de me distraire. Lire ou faire des mots croisés m'aide aussi à me relaxer.

**Quels sont tes objectifs sportifs pour les prochaines années ?**
*Mon plus grand objectif est de participer aux Jeux Olympiques de Los Angeles en 2028.*

*En cyclocross, je veux continuer à progresser, rester au sommet du classement mondial et gagner des Coupes du monde. Mon rêve ultime serait de devenir championne du monde en élite !*

*Sur route, mon objectif est de continuer à m'améliorer pour, un jour, lutter pour la victoire sur les plus grandes courses.*

Mon motto est « Dream big », et c'est ce que je conseille à tout le monde.

**Quel message aimerais-tu transmettre aux jeunes sportifs de notre canton ?**
*Prenez du plaisir dans ce que vous faites et suivez votre propre chemin – tout vient en son temps. Ne laissez personne vous mettre la pression ou vous dire que vous n'y arriverez pas. Si c'est fait pour vous, ça arrivera – que ce soit dans 2 ans ou dans 10 ans.*

*Mon motto est « Dream big », et c'est ce que je conseille à tout le monde. Rien n'est impossible quand on y croit et qu'on s'investit pleinement. Croyez en vous !*

**Que représentent ton village natal et la région du « Wëlle Westen » pour toi ?**
*« Rien ne vaut la maison » – et pour moi, c'est particulièrement vrai. Préizerdaul représente énormément pour moi, car j'y ai grandi et passé mon enfance. Je viens de la campagne et j'en suis fière.*

*Je voyage beaucoup, mais rien ne remplace le sentiment de rentrer chez soi et de m'entraîner sur « mes » routes. La région du Wëlle Westen me tient à cœur, car je m'y entraîne depuis toute petite – c'est l'endroit idéal pour moi !*

**Y a-t-il quelque chose d'autre que tu aimerais partager avec nos lecteurs ?**
*Un immense merci à tous ceux qui me soutiennent ! De nombreuses personnes m'ont aidée et cru en moi ces dix dernières années, et je leur en suis infiniment reconnaissante. Merci aussi à tous ceux qui suivent mon parcours et m'encouragent – votre soutien signifie beaucoup pour moi !*

**Nous souhaitons à Marie le meilleur pour sa carrière exceptionnelle et sommes fiers qu'elle représente si bien notre « canton vélo » sur la scène internationale !**




September 2024 : CLM Europameeschterschaft an der Belge, Categorie U23, Bronzemedaill.
*Septembre 2024 :championnat d'Europe du contre-la-montre en Belgique, catégorie U23, médaille de bronze.*




Cyclocross Weltcup zu Hulst, éischt Victoire op engem Elite Weltcup.
*Décembre 2024 : Coupe du monde de cyclocross à Hulst, première victoire en Coupe du monde élite.*

# EN AMERIKANER OP DER SICH NO DE SPUERE VU SENGEM PAPP

**Den Andy J. King vu San Francisco ass de Jong vum Margaret a vum William F. King, engem US-Zaldot aus der Yankee Divisioun (26th Infantry Division), déi Lëtzebuerg wärend der Ardennenoffensiv befreit huet. 80 Joer méi spéit retracéiert den Andy sengem Papp seng Spueren zu Lëtzebuerg, fir d'Erënnerung un hien an un déi schwéier Zäit ze éieren.**


© Kanton Réiden

Den Andy J. King (an der Mëtt) huet sech op d'Spuere vu sengem Papp senger Arméi-Divisioun gemaach an huet bei ville Gedenkzeremonien bei eis deelgeholl.

*Andy J. King (au centre) a suivi les traces de la division militaire de son père et a participé à de nombreuses cérémonies commémoratives lors de sa visite chez nous.*

**Ass et Ären éischte Besuch zu Lëtzebuerg?**
Jo, et ass mäin éischte Besuch zu Lëtzebuerg, awer sécher net mäi leschten!

**Wéi sidd Dir op d'Iddi komm, Ärem Papp seng Spueren zu Lëtzebuerg ze verfollegen?**
Fir den 90. Gebuertsdag vu menger Mamm am Joer 2015 hu mir Dokumenter a Fotoen zesumme gekuckt, dorënner mengem Papp seng Arméi-Entloossungspabeieren an eng Zeitung vun der Yankee-Divisioun aus dem Joer 1945. Dat huet mäi Virwëlz fir seng Geschicht erwächt.

**Wéi hutt Dir d'Plaze fonnt, wou Äre Papp war?**
Iwwer néng Joer hunn ech intensiv recherchéiert, mat der Ënnerstëtzung vu professionellen Historiker. Sou krut ech Zougang zu den Morning Reports, déi detailléiert Informatiounen iwwer d'Truppe-Beweegunge geliwwert hunn. Besonnesch säin Openthalt zu Lëtzebuerg huet mech faszinéiert, an ech hat e staarken Drang, dës Plaze perséinlech ze entdecken.

**Wéi war et fir Iech, déi Plazen z'entdecken, wou Äre Papp wärend dem Krich war?**
Duerch d'Wisen an d'Bëscher vun dëser Regioun ze trëppelen, wou d'Divisioun vu mengem Papp gekämpft huet, war immens emotional. Net nëmmen d'Plazen hu mech déif beréiert, mee och d'Häerzlechkeet an déi opriichteg Dankbarkeet vun de Lëtzebuerger.

**Wéi erënnert Dir Iech un Äre Papp?**
Mäi Papp war en häerzlechen a léiwe Mënsch mat engem gudden Humor an engem groussen Häerz fir seng Famill. D'Erfarungen aus dem Krich hunn him e staarkt Gerechtegkeetsgefill vermëttelt an ëm gewisen, wéi wichteg et ass, aneren ze hëllefen a sech fir Harmonie anzesetzen.

**Wat huet Äre Papp iwwert seng Krichserfarungen erzielt?**
Wéi vill Veteranen huet hien nëmme ganz wéineg doriwwer geschwat. Ech ka mech nëmmen un dräi Geleeënheeten erënneren, wou hien de Krich ganz knapp ugeschwat huet.

Ech mengen, dass seng Erfarunge sou traumatesch waren, datt et eng natierlech Method war, dës Erënnerungen ze verdrängen, fir mam Liewe weiderzefueren.

**Wat hutt Dir zu Lëtzebuerg erlieft?**
D'Krichsplazen, besonnesch am Bësch, ze besichen, war immens beandrockend.

